

Net nëmmen déi allgemeng Missachtung vun der Roll vun de Gemengen an deem Dossier huet zu heftege Reaktiounen innerhalv de Gemenge gefouert - dëst besonnesch beim Benotze vun de kommunale Weeër respektiv wat d'Bezuele vun de Fraisë beim Zéie vu Grief ubelaangt.

Net nëmmen, dass hei eng Opposition formelle vum Statsrot virlooch, mä och de Syvicol als Vertrieeder vun de Gemengen huet seng grouss Bedenken ervirbruecht. Besonnesch d'Entbannung vum Concessionnaire de transport oder de distribution vun enger Permission de voirie au niveau communal ass géint de Prinzip vun engem Rechtsstat.

Mir hunn duerfir och beim zweeten Avis vum Statsrot, dee seng Opposition formelle oprecht hält, kaum Bauchwéi a gesinn och net d'Gefor, dass et elo zum Stëllstand bei der Erneuerung oder dem Ausbau vu Stroumleitungen kéint kommen.

D'Instrument vum Plan sectoriel zum Beispill gétt der Regierung déi néideg Planungs-sécherheet jo och an erlaabt Korridoren ze definéieren, wou a wéi en Ausbau kann erfollegen. Wann dëse sektorielle Plang mat klore an novollzéibare Kritäre versinn ass, hu mir och kee Problem mat dem Ausbau. D'Gefor vun engem Stëllstand ass also net ze erwaarden, och wann d'Gemengen elo d'Recht kréien - esou wéi dat bei de GSM-Antennen de Fall ass - explizit Zonen an hirem PAG ze definéieren a fräi vun esou Leitungen ze sinn.

E weidere ganz kontrovers diskutéierte Punkt war d'Verleëe vu Mëttel- an Nidder-spannungsnetzer an de Buedem respektiv d'Käschte vun dësen Aarbechten. D'Kommissioun huet de Prinzip akteiert, d'Verleëe an de Buedem ëmmer ze verlaangen, et sief awer, dass et technesch net méiglech ass oder de Präis a sech ze héich ass. Déi nei Regelung geet deemno méi wäit wéi dat aalt Gesetz an hält fest, dass ëmmer muss an de Buedem verluecht ginn.

Wat d'Käschte vun dëser Mise en souterrain ugeet, esou bestoung d'Regelung, dass d'Gemengen iwwer 80% vun de Gruelkäschten hu missen iwwerhuelen. Dës Regelung gouf säit laangem vu ville Gemengen a Fro gestallt an och vun eiser Fraktioun. D'Regelung vum jëtzege Gesetz vun enger 50-prozenteger Partizipatioun kënnen déi Gréng duerfir och net deelen.

D'Verleëe an de Buedem huet eng ganz Rei vu Virdeeler vis-à-vis vun enger Iwwerlandverleeung. Niewent enger méi optescher Verbesserung huet d'Verleëe vun de Leitungen an de Buedem awer och aus sécherheetstechnesche Grënn eng ganz Rei vu Virdeeler, besonnesch bei Stierm.

D'Fraisë vun esou enger Technik mussen aus Siicht vun deene Grénge ganz kloer op d'Netzkäschten ëmgeluecht ginn. Iwwregens ass dat och esou gehandhaabt bei all den Telefonsleitungen. Et kann net sinn, dass d'Gemengen haut ugehale ginn, am Waasserberäich eng Käschtendeckung unzestriewen, mat all de Konsequenze fir den Endverbrauch, dëst awer am Stroumverbrauch net soll de Fall sinn. Och an deem Beräich mussen sämtlech Käschten, déi entstinn, sozialiséiert ginn an net iwwer eng Quersubventionéierung kënschtlech no ënne gehale ginn.

Wann d'Fraisë fir e Konsument doduerch méi héich sollte ginn an déi sozial méi Schwaach Problemer sollte kréie fir ze bezuelen, mussen déi Leit duerch eng gezielte Sozialmesur respektiv -instrumenter geholfen kréien.

Sozialpolitik kann an däreft och net mat Hëllef vun der Energiepolitik geléist ginn, ëmsou méi dëst Gesetz dem Concessionnaire d'Recht zougesteet, d'Domains public et privé de l'État et des communes gratis ze benotzen. Eleng dëst Recht geet ganz wäit iwwert d'Fraisen eraus, déi bei de Gruelkäschten entstinn.

E weidere Punkt, dee vum Statsrot och a sengem zweeten Avis mat enger Opposition formelle versi war, ass d'Cession d'ouvrages électriques. Esou huet de Regierungstext virgesinn, dass e Propriétaire vun engem Réseau nëmmen de Réseau un en Drëten kann ofginn, deen déi gréissten Extensioun nationale opweist - eng sougenannte Lex-Cegedel-Net-Moosnam. D'Op-

position formelle gouf awer och a sengem zweeten Avis vum Statsrot oprechterhalen. Sollte mer et fäerdeg bréngen, an dorunner probéieren déi Gréng matzeschaffen, dass d'Netzer an d'öffentlech Hand sollten iwwergoen, stäipe mer d'Regierung an enger neier parlamentarescher Initiativ an deem Beräich, fir dës Oppositioun formelle kënnen ze hannergoen.

Här President, Dir Dammen an Härën, zum Schluss nach eng Kéier méi allgemeng Remarquen zu der Transparenz, der Kontroll an der Partizipatioun vun der Zivilgesellschaft. Besonnesch d'Transparenz iwwert den Étiquetage, also deen iwwert d'Zusummesetzung vum Stroummix läit eis do um Härz. Och hei feelt leider, wéi insgesamt an dëse Gesetz, de Règlement grand-ducal, deen dësen Étiquetage reglementéiert.

Aus Siicht vun eiser Fraktioun ass besonnesch d'Transparenz bei der Stroumkennzeichnung ganz wichteg. De Client muss kënnen unhand vun enger klorer Kennzeichnung d'Zusummestellung vu senger Energie novollzéien.

Wa mer d'Leit wëlle mat an d'Boot huele vun der Verantwortung, fir dass se hir Verantwortung huele beim Kampf géint de Klimawandel, esou mussen mer och dofir suergen, dass de Konsument och déi néideg Instrumenter zur Verfügung gestallt kritt, fir dat och entsprechend ëmzesetzen.

Nëmmen bei klorer Kennzeichnung iwwert den Undeel vun atomarem Müll respektiv CO₂-Ausstouss bei der entsprecherender Energie kënnen mer de Konsument dorop hiweisen, fir e Paradigmawissel an der Energiepolitik mat hëllefen anzeleeden.

Duerfir wäerte mer och als gréng Fraktioun déi déposéiert Motioun mat ënnerstëtzen.

E weidere Punkt ass d'Incompatibilitéit de la fonction du commissaire. Esou wéi de Rapporteur a senger Ausféierung bemierkt, ass et och fir déi Gréng wichteg, e Poste vun engem Kommissär besonnesch am Beräich vun der Energie innerhalb vum Département de l'énergie ze hunn. Wou mir awer Problemer gesinn hunn, ass de Rôle, deen de Kommissär innerhalb vu sengen Tachen ze erfëllen huet. Esou ass et net normal, dass de Kommissär engersäits de Stat innerhalb der Firma representéiert, wou de Stat Aktionär ass, a gläichzäiteg soll de Rôle vum Kontroller iwwerhuelen.

Hei si mer frou, dass zumindest d'Amendement vun der grénger Fraktioun ugeholl gouf, fir d'Tachen esou ze spezifizéieren, dass déi Incompatibilitéit sech net stellt. Et stellt sech awer méi eng generell Fro iwwert d'Partizipatioun vum Stat innerhalb vun der Energiewirtschaft hei zu Lëtzebuerg.

D'Trennung tëschent der Representatioun an der Kontroll ass oft net ëmmer esou ginn. Dës Representatioun innerhalb vun esou Sociéitéiten ass scho problematesch, wann déiselwecht Persoun gläichzäiteg ee Gesetz iwwert déi betreffend Gesellschaften muss ausschaffen.

Dës Feststellung, zumindest d'Bedenken ass awer net nëmmen der grénger Fraktioun opgefall, mä an engem Kommentar aus enger Lëtzebuerger Zeitung, déi der Sozialistescher Aarbechterpartei relativ nosteet, konnt ee virun e puer Woche liesen - ech zitëieren: „Ein Minister, der nach gut zwei Jahren im Amt in den Strudel einzelner Berater geraten ist, die in ihrem Nebenjob in Verwaltungsräten großer Energiekonzerne sitzen.“

Dëst huet vläicht mëttlerweil dozou gefouert, dass d'Diskussioun vum Minister am Beräich vun der Energie hei zu Lëtzebuerg oft eben an der donkelster Donkellammer gefouert ginn.

Dëst trefft awer net nëmmen fir de Wirtschaftsministère zou, genauesou sinn och aner Ministèrenen heivu beträff. Mä erstaunlech ass et natierlech, wann d'Leit aus dem Innenministère de Rôle als Interessenvertreeder vum Stat an Energiegesellschaften iwwerhuelen, gläichzäiteg awer deeselwechte Ministère de Gemenge wëllt d'Kompetenz an deem Beräich ofstreiden. Och d'Gemengen hunn niewent dem Stat e wichteg Rôle hei ze iwwerhuelen. Och hei ënnerstellen ech kengem en Abus, d'Afrostelle vun dëser Vermeschung muss ech awer opwerfe kënnen. Besonnesch an deem Kontext, wou dach d'Gemenge mat Vehemenz an deem Dossier ëmmer nees aus dëser Aufgab erausgedréckt ginn.

E weidere Punkt, an dat ass mäi leschte Punkt, ass de Rôle vum Régulateur. De Régulateur huet, besonnesch an engem liberaliséierte Marché, e ganz wichteg Rôle ze iwwerhuelen, well hie soll de Garant si fir e sécheren a proppere Fonctionnement vum liberaliséierte Marché.



2. Dépôt d'une proposition de loi

Duerfir erlaabt mer, dass ech eng Gesetzespropos déposéieren, déi dem Régulateur en zousätzleche Comité bäiordnet. Mir haten an der Kommissioun doriwwer geschwat, wou zum Amendement gesot ginn ass, dass deen net richtig an dëst Gesetz géif passen, mä éischter an d'Gesetz vum Régulateur. Duerfir hunn ech mer erlaabt, dëse Passus dann an enger Gesetzespropos zum Régulateur bäizesetzen.

- Proposition de loi N°5747 relative à la modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation, 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État.

An dee Régulateur soll mat engem «comité consultatif réunissant des représentants des petits et grands consommateurs d'énergie, des petits et grands producteurs d'énergie, des gestionnaires de réseau, de distribution et de transport, des travailleurs ainsi que des associations de protection de l'environnement luxembourgeoises» als Missioun hunn, de Régulateur bei senger Missioun ze begleeden.

» M. le Président. - Et ass also den Dépôt vun enger Proposition de loi?

» M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).- Jo. Merci, Här President.



3. 5605 - Projet de loi
1) relative à l'organisation du marché de l'électricité;
2) instaurant un poste de Commissaire du Gouvernement à l'Énergie;
3) abrogeant

- la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport;

- la loi du 4 janvier 1928 concernant l'établissement et l'exploitation des réseaux de distribution d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg approuvant la convention de concession du 11 novembre 1927 ainsi que ses annexes;

- la loi du 30 juin 1927 approuvant le contrat de fourniture de courant du 11 avril 1927 pour l'électrification du Grand-Duché de Luxembourg;
- la loi du 2 février 1924 concernant les distributions d'énergie électrique dans le Grand-Duché de Luxembourg;
- la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité; et

4) modifiant

- la loi du 30 mai 2005 portant 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

5606 - Projet de loi relative à l'organisation du marché du gaz naturel et abrogeant la loi modifiée du 6 avril 2001 relative à l'organisation du mar-

ché du gaz naturel et portant modification 1) de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité et 2) la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État et concernant l'exploitation des centrales hydroélectriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport (suite)

Discussion générale (suite)

Ech kommen zum Schluss. Aus menger Ausféierung zu deem Gesetz geet ervir, dass déi Gréng domat sécherlech dës Gesetz net kënnen matstëmmen. Éischters eng ganz Rei vu formalistesche Problemer hate mer, fir dat alles kënnen nozevollzéien. Quant à la forme kënnen mer doduerch dat heiten net ënnerstëtzen. Quant au fond ass et besonnesch de soziale Volet, deen eis ganz déifgräifend Suerge mécht, well deen net ausräichend, souwuel vun de Majoritéitsparteie wéi och vun der Regierung, ausgeduecht ginn ass.

Och am ekologesche Beräich sinn eng ganz Rei vun Elementer, déi méi wäitgräifend hätte missen duerchgegraff ginn. Och am demokratesche Verständnis sinn eng Rei vu Mësstéin innerhalb vun deem Gesetz nozeliesen an erauszehéieren.

Duerfir: Zum Schluss wëlle mer nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer dëse Gesetz net zoustëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Kox. D'Wuert huet elo den Här Mehlen. Här Mehlen, wann ech gelift!

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech wëll mech ganz kuerz deene Mercien an, ech géif bal soen, Félicitatiounen uschléissen, déi hei ausgesprach gi sinn. Ganz besonnesch un d'Adress vum Président-Rapporteur, deen et effektiv an enger ganz schwiereger Situatioun - an heiansdo an engem Imbrogljo, wou ee bal den Duerchbléck verluer huet -, ëmmer erëm fäerdeg bruecht huet, fir d'Diskussiounen weiderzebréngen a leschten Enns, wann och mat vill Utsch a Wéi, dach derfir ze suergen, datt dat Gesetz elo ganz kuerz virun de parlamentaresche Vakanze ka gestëmmt ginn.

Dat ass ganz sécher kee Paradebeispill vu gudder parlamentarescher Aarbecht an ech schléisse mech och dem Président-Rapporteur sengen Iwwerleeungen un, wat d'Moyenen ubelaangt, déi d'Parlament huet, wann et sech esou engem décke Batz wéi deem heite vis-à-vis gesäit.

Et ass, Här President, e ganz technesch Gesetz. Dat gesäit een eleng am Artikel 1, wou een am Stroumgesetz eleng 53 Definitioune virfënn, am Gasgesetz der 41. Ech hätt mer gär de Plëséier gemaach, se hei der Rei no opzezielen, nëmmen fir no bausen daitlech ze maachen, wéi technesch dat Ganzt ass. Leider feelt mer d'Zäit dofir.

Eleng de koordinéierten Text vum Gesetz, dat si beim Stroum knapps 50 Säiten a beim Gas knapps 40 Säiten. Ech mengen, dat ënnersträicht de Volume an d'Komplexitéit vun deem Gesetz.

Mir haten och - dat hunn anerer scho gesot - 19 Sätzungen. An et muss ee wierklech bedauern, datt dat alles ënnert deem enormen Zäitdruck huet misse stattfannen. Zäitdruck, deen dodra bestanen huet, datt mer alles wollte maachen an och wëlle maachen, fir deene Strofen ze entgoen, déi eis wéi en Damoklesschwert iwwert dem Kapp hanken.

Hei sinn effektiv déi elementar parlamentaresch Spillregelen, un déi mir gewinnt sinn eis ze halen, mëssuecht ginn. Dat hätt, Här President, net misse sinn. Et hätt net däreft sinn!

D'Erklärungen, déi mir jo vu Säite vun der Regierung kritt hunn, sinn déi, datt déi viregt Regierung effektiv vill ze vill laang geschlof huet oder praktesch näischt gemaach huet. An dann, wa gesot gétt, datt et am Ministère vun deem Moment un u Fachleit gefeelt hätt, fir dat kënnen ëmzesetzen, ech mengen da muss een, egal wéi et ass, an der Regierungsverantwortung déi néideg Moosnamen ergräifen: Sech entweder déi richtig Leit eranhuelen oder et muss een effektiv sech Hëllef vu bausse siche goen, wat, wéi et schéngt, leider net geschitt ass.

Wourëms geet et hei? Et geet grondsätzlech ëm d'Liberaliséierung vum Stroum- a Gasmaart. Dat ass eng Obligatioun, déi mer vun der Europäescher Communautéit operluecht kréien.

Da stellt ee sech d'Fro, och wann ee sech net vill kann dergéint wieren oder dergéint stellen: Ass d'Liberaliséierung an esou engem sensibele Beräich „der Weisheit letzter Schluss“? Mir hunn déiselwecht Diskussiounen aktuell beim Postservice, wou ee sech muss froen: Ass dat do da wierklech dat, wat et bréngt? Ass net de Service universel méi wichteg, wéi datt ee Strukturen op eng Kéier opbaut, déi net méi effikass sinn, a wou et herno kontraproduktiv gëtt?

Liberaliséierung bedeit Konkurrenz. Mir soen als Partei zum Prinzip vun der Konkurrenz grondsätzlech Jo. Dat däätscht Spréchnueter, wat seet: „Konkurrenz macht munter“, dat ass sécher net falsch an e groussen Deel vun eisem aktuelle Wuelstand ass op dee Prinzip zréckzeféieren. D'Konkurrenz ass am Intérêt vum Konsument. D'Konkurrenz wierkt sech aus op de Präis an op d'Leeschung, déi de Konsument akëeft. Dat ass eise Wirtschaftssystem, dee sech am grouse Ganze sécher bewäert huet.

Konkurrenz, Här President, kann awer nëmmen da spillen a spillt nëmmen dann, wann d'Offer méi grouss ass wéi d'Demande. Wann et ëmgekéiert ass, da spillt se net méi. An do muss ee soen, wann een den Energiemaart generell kuckt, da sinn d'Aus-sichten net berauschend.

Mir hunn elo grad héieren an dat wësse mer alleguer, datt d'Consommation vun der Energie insgesamt weltwäit amgaang ass dramatesch ze klammen. Datt all Efforten, déi gemaach gi fir Energie ze spueren, bis elo vläicht eppes bruecht hunn, mä méi wéi wettgemaach ginn duerch dat, wat de Wirtschaftswuesstum weltwäit u méi Energieconsommation no sech zitt.

Mir gesinn op där anerer Säit, datt d'Energiereserven ofhuelen. Ech hunn dës Deeg héieren, datt d'Wirtschaftswissenschaftler soen, datt zum Beispill beim Gas schonn a fënnef Joer mat engem relativ graven Enkpass an de Fournituren ze rechnen ass. Beim Elektresch hu mer de Moment nach Capacitéite genuch. Mir wëssen, datt d'Consommation awer rapid zouhëlt. Mir hunn am Zeenario vum Klimawandel méi wéi eng Kéier erlief an deene leschte Joren, wann et extrem waarm war an d'Killcapacitéit vun eise Flëss net méi do war oder nëmme méi begrenzt verfügbar war, datt dann och déi schéi grouss Kraaftwierker - vu wat fir enger Zort och ëmmer - net méi capabel sinn, déi Energie ze liwweren, déi mer eis da just dee Moment vun hinnen erwaarden.

Duerfir grondsätzlech, och wann dat an de Kontext vun dësem Gesetz net mat eraspillt, mä déi gréissten Erausforderung, där mer eis ausgesat gesinn, ass effektiv den Développement vun alle méigleche Forme vun erneierbaren Energien, déi net dovunner ofhänken. An ech widderhuelen dat, wat ech schonn dacks hei gesot hunn: Den Akzent muss op d'Energiespuere geluecht ginn, well do ass mat Sécherheet dat gréisste Potenzial.

Här President, ech hunn elo grad gesot, d'Konkurrenz kann nëmme spillen, wann d'Offer méi grouss ass wéi d'Demande. A mir gesinn an Däitschland, beispillsweis, datt, obwuel do liberaliséiert ass, sech ganz weíneg beweegt huet, datt do kartellähnlech Strukture bestinn an aus där Situatioun wéi se nun eemol ass, am Fong geholl sech keng Präissenkung oder bal keng Präissenkung erginn huet. Et ass och dat, wat een hei zu Lëtzebuerg erwaarde kann.

De Präis ass awer net alles. De Stroum ass eng ganz speziell Wuer. D'Qualitéit vum Stroum, dat heescht déi Quantitéit, déi zur Verfügung gestallt gëtt, d'Spannung, d'Frequenz, alles muss stëmme bei deene komplizierten Apparater, déi mer haut hunn.

Zur Qualitéit gehéiert och, wou de Stroum hierkënn. De Stroum richt zwar net, mä mir wëssen awer, datt do, wou e produzéiert gëtt, deemno wat fir eng Produktionsform à l'origine steet, CO₂ produzéiert gëtt, Schwiefel an d'Loft geblose gëtt an esou weider. Mir wëssen, datt, wann et sech ëm Nuklearzentralen handelt, Geforen domat verbonne sinn, datt och de Entsuerungsproblemer besti vun deem ofgebrannte Material, déi bis haut nach net geléist sinn.

Alles dat spillt an déi Thematik mat eran, wéi och d'Sécherheet vun der Fourniture souwuel bei der Produktioun - an déi Fro stellt sech ëmmer méi an deem Mooss wéi d'Consommation klëmmt a mer net capabel sinn, Produktionscapacitéiten zousätzlech ze schafen - wéi vun den Transport- a Verdeelungsinfrastrukturen hier - an do hu mer jo an der Vergaangenheet munch Iwwerraschung erlief.

D'Fro stellt sech, Här President, haut: Ass de Stroum, d'Fourniture vum Stroum e Mënscherecht, esou wéi mer d'Fourniture vu propperem Waasser an déi Kategorie areien? Wa mer an d'Vergaangenheet zréckkucken, war dat sécher net de Fall. Vill Generatiounen hunn ouni Stroum iwwerlief. Haut ass dat awer bal net méi virstellbar. Duerfir si mir och der Meinung, datt deen Aspekt vun der sécherer Versuerung onbedéngt muss no vir gestallt ginn, datt och an engem fräie Maart et d'Flicht vum Stat an domat vum Législateur ass, fir d'Rechter vum Konsument an deem ganze Kontext virop ze stellen.

Do stellt sech dann natierlech d'Fro: Wat passéiert, wann een net capabel ass, seng Stroumfourniture ze bezuelen? Ech deelen do d'Meenung vun deene meeschte vu menger Virriedner, datt een dat selbstverständlech ganz differenzéiert kucke muss. Wann et een ass, deen aus iergendwelleche Grënn net bezuele wëllt, dann ass dat selbstverständlech eppes anescht, wéi wann et een ass, deen aus enger sozialer Noutlag eraus net bezuele kann, an do muss een och deementspriedend da kulant kënne virgoen.

De Präis, d'Quantitéit, d'Qualitéit an d'Sécherheet sinn d'Aspekter vum Konsument aus gekuckt. D'Interesse vun de Firma mussen do hannendrun zrécksto. Mä, an dat ass awer déi aner Säit vun der Medail, och d'Firma mussen nach Geld verdéngen, genuch, awer aus der Siicht vum Konsument net ze vill. D'Producteure mussen genuch verdéngen, fir datt se an effizient, sécher a propper Produktiounsanlagen investéiere kënnen. Duerfir ass et och noutwendeg, datt déi kleng Anlagen an erneierbaren Energien den Zougang séchergestallt kréien, esou wéi dat an dësem Gesetz virgesinn ass.

Ech wëll och an deem Zusammenhang begrëssen, datt déi Absicht, fir hei zu Lëtzebuerg de Biogas direkt an d'Netz anzespeisen, och soll realiséiert ginn, datt dat soll gefördert ginn. Ech hat schonn eng Kéier hei ugesprach, ob een effektiv deen deiere Procédé, fir de Biogas op esou en héijen Niveau ze veredelen, ob ee muss op dee Wee goen, oder ob een net d'Qualitéit vum Gas, dee praktesch integral an d'Verbrennung geet, an deem Mooss kéint modifizéieren, datt een déi héich an deier Opbereedung net onbedéngt misst maachen.

D'Transportnetzer: Och déi Leit, déi sech ëm den Transport an ëm d'Verdeelung bekëmmern, mussen genuch verdéngen, fir hir Netzer kënnen an der Rei ze halen, fir datt nei Infrastrukture kënnen gebaut ginn, datt den Entretien esou gemaach gëtt, wéi e muss gemaach ginn, an datt d'Rapiditéit vum Dépannage och fonctionnéiere kann.

Mir sinn duerfir favorabel fir eng national Netzgesellschaft. Do bleift de Problem vun de Gemengen. De Kolleg Henckes wäert elo gläich nach kuerz dorop agoen. Ech maachen dofir e bësse méi séier.

Här President, hei am Gesetz ass de Prinzip vun der Trennung, laanscht déi mer net kommen, ageschriwwen. Duerfir ass et noutwendeg, datt d'Transparenz vun de Käschte séchergestallt ass, och d'Transparenz vun der Provenienz vum Stroum, fir datt de Client ka fräi decidéieren, wat e wëllt kafen a wou e wëllt kafen. Dofir ass d'Roll vum Régulateur immens wichteg. Mir werfen och d'Fro op, ob de Régulateur d'Moyenen huet, fir senger Aufgab nozekommen. Mir werfen op där anerer Säit och d'Fro op, wéi d'Kontroll ausgeübt gi soll. Ech ka mech mat der Iddi vun de gréng Kolleegen ufrënnen. Ech wollt awer hei och d'Iddi vun enger Kontroll vum Parlament iwwert de Régulateur abrëngen.

Här President, vill Froe stinn nach op. Mir wäerten hei missen an där Situatioun, wou mer sinn, Experienze sammelen an da wahrscheinlech nach eng Kéier drop zréckkommen.

Wat positiv ass: Hei gi fënnef Gesetzer mateneen ausser Kraaft gesat, dat heescht, et gëtt och eng Flurbereinigung an där Bezeiung gemaach, dat op d'mannst ass e positiven Aspekt. Mir kënnen net an d'Zukunft kucken, mir hunn och net den Duerchbléck, ob dat elo alles esou fonctionnéiert, wéi mer et hoffen a wënschen, an och ob den Text, deen elo soll gestëmmt ginn, an alle Punkte mat anere legalen Texter a Concordance ass, mä - a vill anerer hunn et scho viru mir gesot - mir stinn ënner Drock, fir net ze soen, mir stinn ënner Stroum. Wa mir et net ëmsetzen, da gëtt et deier.

Duerfir fille mir vun der ADR eis zwar net responsabel, mä, Här President, mir si bereet, an deem Kontext eis Verantwortung ze iwwerhuelen, a mir wäerten trotz munchen Zweifelen a manche Kritiken dësem Gesetz eis Zoustëmmung net verweigern. Datselwecht gëllt och fir déi Motioun, déi abruecht ginn ass.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Aly Jaerling.

(*M. Lucien Weiler reprend la Présidence*)

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Merci, Här President, och dem Här Rapporteur Merci fir säin explizite Rapport. Et heescht, dass mer müssen déi EU-Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vum Stroum a Gas hei haut guttheeschen, ob mer wëllen oder net, well mer keng aner Wiel hunn. Wa mer fäerdeg sinn a mir hunn och nach de Rescht vun de Postservicer liberaliséiert, dann hu mer e gudden Deel vum öffentlichen Déngschtleeschungssektor awer bal total geplëmmt.

Allgemeng gëtt eis ageriet, dass duerch d'Liberaliséierung vum Marché an duerch d'Konkurrenz tëschent de Bedreier de Konsument besser ewechkéim an dass een d'Wuer Stroum respektiv Gas méi bëlleg do-duerch kréie kënnt. Déi Direktiv an dat Gesetz haut, déi sinn awer net onbedéngt am Interessi vum kleng Konsument, mä éischter am Interessi vun der Wirtschaft opgestallt ginn. Fir déi kleng Konsumente bréngt déi Liberaliséierung do näischt, wann ech et am Kontext vum Präis-Qualitéits-Vergleich an och am Kontext vum Déngscht um Client analyséieren.

Bis elo hate mer keng Problemer, wat d'Qualitéit vum Ugebuert ugaangen ass, well mer relativ alles ënner Kontroll haten. Elo komme mer an eng Situatioun, wou d'Réseauen nach am Allgemengbesetz bleiwen, mä awer den Akaf an de Verkaf iwwer Privatgesellschafte geschéie soll. Fir dass mer awer d'Kontroll doriwwer behalen, ass et wichteg, dass d'Gemengen d'Méiglechkeet kréien, fir sech als öffentlech Hand mat a Gesellschaften ze integréieren an och souguer majoritär dora fonctionnéiere kënnen, fir dass eng Emprise vun der öffentlecher Hand op dës liewenswichtig Energie bleift, a well och mat kann decidéiert ginn, wat ganz wichteg ass, wou de Stroum akaaft gëtt.

Wichteg ass an deem Kontext och, dass et bei der Energierversuerung net nëmmen ëm de Profit geet, wat awer bei enger totaler Liberaliséierung, wéi se sech hei ubahnt, ze fäerten ass. D'Energieversuerung muss eng elementar Déngschtleeschung um Bierger bleiwen, egal wien de Bedreier ass, fir dass et net ka virkomme wéi viru Joren och zum Beispill a Kalifornien, wou net driwwer geschwat ginn ass, dass e private Bedreier einfach de Leit de Stroum ofspäert, wann hie selwer a finanziell Schwierigkeete kënnt, an dass da souguer eng ganz Stad an eng ganz Regioun am Däischtere läit.

Et ka fir deen eenzelne Konsument elo verlockend schéngen, wann hie gesot kritt, de Stroum kéint hie méi bëlleg akafen an hie kéint sech en do akafen, wou hie wëllt. Méi bëlleg Stroumpräisser kënnen awer och en aneren Effekt hunn, nämlech si kënnen zu méi engem onverantwortlechen Émgang mat der Energie verleeden an och ökologesch Konsequenze mat sech zéien.

Et ass och net an deem Gesetz hei an och an der Direktiv net ermëtzefannen, dass d'Bedreier opgefuerdert ginn oder zumindest Garantéie mussen ginn, dass se och en Deel vun hirer Plus-Value müssen investéieren an d'Stroumnetzer respektiv an alternativ Energien, fir vun do de Stroum hierze kréien.

Wichteg ass awer fir mech - an dat bleift et och -, dass d'Versuerung vu Gas a Stroum all Bierger garantéiert bleift, an dat och besonnesch iwwert d'Wanterméint, well et och elo scho virkënn, dass männerbemëttelt Leit, sief et doduerch, dass se hir Aarbecht verléieren, an d'Scheedung kommen oder duerch aner Ursachen an Nout geroden, hir Stroum- a Gasrechnungen net kënnen bezuelen.

Och gëtt et ëmmer méi Leit, déi opgrond vun deene rezenten Taxenerhéijungen an de Gemenge finanziell net méi nokommen an an eng prekär Situatioun geroden. D'Gemengen hunn zwar d'Méiglechkeeten, fir dat ofzefiederer, ouni awer elo Abusen ze fërderen.

Et ass elo och déi eng oder aner Kéier vun Abusé geschwat ginn, mä ech wëll kloer soen, dass ech awer éischter der Meinung sinn, dass ee bei deenen Abusé soll d'Aen zoumaachen, wann et heescht, déi Leit ze schützen, déi wierklech an Nout sinn, an deenen d'Garantie ze ginn, dass se hir Energieversuerung och weider kréien.

Well et gi jo och nach aner Gesetzer hei am Land gemaach, wou Abusé gemaach ginn, déi ëmgaange kënnen ginn, wou Milliarden Suen zweckentfremt ginn, esou dass mer hei och kënnen, wann och gemengt gëtt, et

géif deen een oder deen aneren Abus kommen, driwwer ewechkucken a versichen déi Leit ze schützen, déi et wierklech néideg hunn.

Dat muss garantéiert bleiwen, egal wien den Zouliwwer vu Stroum a Gas ass. Dat geschitt och zum Deel iwwert dëst Gesetz, well d'Bedreier müssen no engem bestëmmten Délai d'Sozialämter mat aschalten. Mä d'Gesetz gesäit awer weider näischt vir an et besteet nach ëmmer d'Méiglechkeet fir de Bedreier, de Stroum ofzespären.

Wann déijéineg Leit oder de Bedreier sech dann och un d'Sozialamt gewannt hunn, dauert et nach eng bestëmmten Zäit, ier dee ganze System um Funktionéieren ass. Dann ass awer ofgespaart an et muss duerno, fir erëm un de Stroum ugeschloss ze ginn, nach eng Tax derbäibezeelt ginn. Esou kann et jo awer - an dierf et - op kee Fall passéieren an et dierf och op kee Fall sinn, dass Leit de Stroum an de Gas iwwert de Wanter ofgespaart kënnen kréien, besonnesch wat Famillje mat Kanner ubelaangt.

A Frankräich gëtt et e Gesetz, wat d'Ofspäre vu Gas a Stroum iwwert de Wanter verbitt, ouni awer déi betrafte Familljen aus hiren Engagementer vis-à-vis vum Bedreier ze entbannen. Ech sinn der Meinung, dass mir och esou gesetzlech Bestëmmunge brauchen, fir dass keen dierf iwwert de Wanter de Stroum an de Gas ofgespaart kréien. Duerfir wëll ech och eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung opfuerdert, d'Ofspäre vu Gas a Stroum iwwert d'Wanterméint per Gesetz einfach ze verbidden.

Motion 2

D'Chamber,

- *nodeem dass souwuel de Maart vum Stroum wéi vum Gas liberaliséiert ass;*

- *sech bewusst, dass duerch d'Privatiséierung vun dëse Servicer, déi bis elo fest an öffentlecher Hand waren, sech eng Rei Problemer kënnen stellen am Zusammenhang mat der sozialer Approche vis-à-vis vu Mannerbemëttelten;*

- *sech bewusst, dass et wichteg ass, all Bierger iwwert de Wanter den Zougang zu Gas an zu Stroum ze garantéieren;*

fuerdert d'Regierung op,

- *gesetzlech Garantien ze schafen, fir all Famill iwwert de Wanter den Zougang zu Elektresch a Gas ze garantéieren, andeems iwwert d'Wanterméint d'Ofspäre vun dëse liewensnoutwendegen Energië verbuede gëtt.*

(s.) *Aly Jaerling, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.*

Och an deem Kontext ass et wichteg, dass d'Gemengen, déi hiet eegent Stroumnetz hunn, och Meeschter iwwert d'Facturation bleiwen an domadder kënnen mathëllefen, sozial schwach Famillje virum Stroum- a Gasofspären ze schützen.

Wichteg ass och, dass vu Säite vun de Gemengen an deem ganze Kontext - an iwwerhaupt insgesamt gesinn - e bessere Marketing kënnt, fir iwwert d'Wuer Stroum a Gas Publizitéit ze maachen. Bis elo war et jo ëmmer esou, dass jiddferen et als selbstverständlech ugesinn huet, dass e säi Stroum a säi Gas geliwwert kritt, wat vun de Gemenge geliwwert ginn ass. Mä dat wäert an Zukunft net méi esou selbstverständlech sinn.

Duerfir ass et och wichteg, dass e richtege Marketing an och richtege Publizitéit gemaach gëtt, besonnesch vun deene Gemengen, déi selwer an Elektrizitéits- oder e Gaswierk hunn, fir de Leit ze weisen, wat fir een exzellente Service dass se kréien, an dass et onbedéngt noutwendeg ass, dass se sech net vun aner verlockenden Ugebueter oflenke loossen, mä bei hire Gemenge bleiwen, wou se am Endeffekt, och wa se vläicht e bësse méi mussen bezuelen, nach ëmmer dee beschte Service ugebuede kréien.

Et muss och deene grouse Clientë versicht gi Konditiounen unzëbiden, fir dass se net bei grouss auslännesch Konkurrenten adhérieren. Mä ech géif mengen, dat ass d'Aarbecht vun deenen zoustännige Gesellschaften, déi sech elo wäerte grënnen, an déi wäerten dat schonn, wann d'Gemenge selwer mat do eraklennen, reguléiert kréien.

Här President, d'Liberaliséierung schmaacht mer iwwerhaapt net, egal a wat fir engem Beräich dass se ass. Hei sinn zwee Gesetzter, déi alt erëm eng Kéier d'Liberaliséierung ervirhiewen, wann och nach verschiddentlech hei versicht ginn ass, d'Liberaliséierung als eppes Positives duerzestellen. Déi Liberaliséierung do, déi schmaacht mir guer net, an ech kann dat Gesetz hei, éischstens emol aus deene Grënn, an zweetens och aus de Grënn, well hei net sozial genuch ofgeséchert ass, net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet dann den honorabelen Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Juli ass d'Liberaliséierung rechtskräfteg, soll elo fir d'Bierger gëllen, an et muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Liberaliséierung de Bierger och eppes bréngt.

Et weess een, datt d'Marges bénéficiaires, do wou liberaliséiert ginn ass, de Betriber op jidde Fall eppes bruecht hunn, well d'Marges bénéficiaires si méi kleng ginn. Par contre muss een awer och soen, datt et do, wou net liberaliséiert ginn ass, bei de Gemengen notamment, gehéireg Ënnerscheeder gëtt.

Ech hunn an enger Question parlementaire gefrot gehat, wéi et dann an deenen eenzelne Gemenge war an och bei der Cegedel. Aus der Äntwert geet ervir, datt d'Elektreschpräisser am deierste sinn op den 1. Januar 2007 an der Stad Lëtzebuerg, da bei der Cegedel an dann un drëtter Plaz bei der Stad Esch. Beim Gas ass et nach méi schlëmm, do gëtt et Ënnerscheeder vun 100 Euro bei engem Eefamilljenhaus pro Joer, an och do ass deen Deiersten d'Stad Lëtzebuerg an dee Bëllegste Sudgaz.

Et gesäit een awer, datt, wéi d'Debatt lassgaangen ass an och wéi vum 1. Juli un d'Privatleit hire Fournisseur vun Elektresch wile konnten, du schonn éischt Reaktiounen komm sinn. D'Cegedel ass higaangen an huet annoncéiert op hirer Assemblée générale, datt se géif d'Elektreschpräisser ëm 4% reduzéieren - obwuel se net déi deierst waren -, an d'Stad Lëtzebuerg huet e puer Méint duerno och annoncéiert, datt si hir Gaspräisser géif ëm 5% reduzéieren.

Ech mengen, dat ass eng positiv Evolutioun, déi fir d'Bierger absolut och positiv muss ugesi ginn, mä bei de Bierger gesäit een awer, datt dee ganze positiven Effet vun der Liberaliséierung nëmme bedéngt ukënnt. Woufir? Well d'Energiepräisser insgesamt beim Achat gestiege sinn an d'Leit ëmmer just nëmmen hir Nettofacture kucken, an net wéi et mat den eenzelne Marges bénéficiaires ass, wou déi eenzel Gewiichtungen sinn a wou se besser kéinten drukommen.

Dat soll och vum 1. Juli u besser sinn. Ech si mam Rapporteur ganz d'accord, wann e seet, datt d'Regierung soll eng Informationscampagne iwwert déi Liberaliséierung maachen, fir datt d'Bierger genau wëssen, wat hir Rechter a Flichte sinn. Ech weess, datt an der Stad Lëtzebuerg an och op anere Plazen e puer honnert Leit scho gefrot hu fir hire Fournisseur kënnen ze wien, sou datt awer de Message duerchkomm ass, mä ech mengen nach net ganz bei alle Leit, an dofir ass eng Informationscampagne absolut richtig.

Dann ass ganz vill diskutéiert ginn iwwert d'Aart a Weis wéi d'Réseau sollen an Zukunft fonctionnéieren. De Roby Mehlen huet virdu mat Recht gesot, datt eng national Solutioun am Intérêt ass vun de Bierger alleguerten. Dat wëllt awer elo net heeschen, datt déi eenzel Gemenge sollen hir Réseauen opginn, mä datt ee soll kucken, fir an engem Pool déi ganz Gestiouen ze géréieren. An do mengen ech, datt, wann een op dee Wee geet, ee wäert etlech Personalkäschte méi lichter an de Grëff kënne kréien.

Dat ass eng Evolutioun, déi muss een am A halen, d'autant plus datt héchstwahrscheinlech och an den nächste Jore wäerten auslännesch Firmen op Lëtzebuerg kommen, fir wéinstens um Gebitt vum Gas hir Offere kënnen unzebidden. Et gesäit een, datt a Frankräich notamment dat elo schonn

amgaangen ass an datt do e ganz staarke Konkurrenzkampf entsteet, net nëmmen um Elektreschen, mä och um Niveau vum Gas.

Et bleift awer och sécher, datt den Innenminister gefuerdert ass, fir an der Iwwergangszäit Léisungen ze sichen, fir datt dat Personal, wat elo do ass, kann an déi Réseauen integréiert ginn a sech nach weider ëm déi Réseau ka këmmen, déi elo scho bestinn. Do bedauern ech effektiv mat deenen anere Kollegee vun DP an DÉI GRÉNG, datt den Innenminister dëse Problem total verschlof huet.

Deen zweete Punkt, wou ech d'Regierung géif bieden, och ze intervenéieren, an den Energieminister misst ganz vigouréis bei sengem Kollege Innenminister intervenéieren, dat ass bei der Kontabilitéit. Am Ablack mussen d'Gemengen, déi e Réseau hunn, hir Kontabilitéit geméiss den Indikatiounen vum ILR no de privatrechtleche Kritären erstellen. Deeselwechten Ablack kënnt awer den Innenminister a seet, si missten och nach déi Kontabilitéit erstelle geméiss den traditionelle Budgetsgebunge vun de Gemengen. Dat ass duebel Aarbecht. An duebel Aarbecht kascht deier. Dat ass en Non-sens an et féiert zu absolut näischt, zu guer kenger Clarificatioun, just nëmmen zu méi Käschten.

Dat waren déi puer Bemierkungen, déi ech hei wollt maachen, well et wichteg ass, datt mer awer ee Message lassginn: Dat ass, datt d'Liberaliséierung fir d'Bierger a fir d'Betriber eppes bréngt, ënnert där Konditioun, datt d'Bierger sech informéiert halen, datt d'Bierger informéiert ginn, an datt och dee Konkurrenzkampf deen Ablack spille kann iwwert de Wee vun der Informatioun.

» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Minister zoustänneg fir d'Energie, den Här Jeannot Krecké.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass u sech bei deem Gesetz hei vill iwwert d'Prozedur geschwat ginn. An deen, deen och hei 15 Joer op de Bänke souz, versteet, dass dee Kraaftakt, dee mer hei zesumme gemaach hunn, kengem direkt Satisfaktioun ginn huet. Dat verstinn ech absolut. Duerfir och en extraen a wierklech opriichtege Merci un d'Membere vun der Kommissioun, déi zesumme mam Rapporteur a President wierklech eng enorm Aarbecht geleescht hunn.

19 Sitzungen! Net nëmmen d'Quantitéit, mä ech muss soen, och d'Qualitéit vum Débat war extrem gutt. Och wa mer eis net ëmmer eens waren, notamment bei enger Rei Amendementer, muss ech awer soen, dass ech seele gemierkt hunn, dass esou eng Kollaboratioun méiglech war, an dat queesch duerch sämtlech Reien, inklusiv d'Oppositioun.

Ech muss dem Conseil d'État trotzdeem och Merci soen, och wann e mech vill gestéiert huet, dass en awer hei och selwer e Kraaftakt gemaach huet, fir an engem kollektiven Effort ze probéieren, dass Lëtzebuerg aus der Schosslinn erauskënnt, well hei setze mer elo véier Direktive mat engem Coup ëm, a virun allem zwou, déi mer hätte missen am Juli 2004 schonn ëmgesat hunn.

Duerfir mengen ech, dass dee Retard, deen hei ass, dee mer hunn, eng Kollektivschuld ass vun der Regierung, déi do am Amt war. Et ass op alle Fall net déi vun de Servicier. Wat d'Servicer bei mir geleescht hunn, ass extrem gutt an extrem intensiv gewiescht. Dir wësst, dass ech den Départ vum - wéi dat zu Lëtzebuerg jo Usus ass - eenzege Spezialist am Elektreschen, deen ech hat, direkt hu missen erliewen no deem Blackout, deen ech hat; direkt den Départ vum Kommissär. Sou eppes fannt Der jo och net direkt. Duerfir kommen ech herno nach eng Kéier op d'Roll vun deem Kommissär zrëck.

Dee Retard huet also eng ganz Rei Originen. An ech verstinn elo wierklech d'Kolleege vun der DP net, wou deen Débat hei an absoluter Rou an ouni Polemik ofgelaf ass, dass just d'DP monéiert, dass dat heiten net éischter ëmgesat gi wier, wann ee weess, dass dat de Juli 2004 war an d'Madame Brasseur an där Regierung war, wou dat hätt missen ëmgesat ginn. Ech muss och soen, dass, wann déi zwee Hauptpunkten, déi d'DP hei virbréngt, firwat dass se d'Gesetz net stëmmt - nämlech dass déi Direktiv näischt bréngt -, si awer an der Regierung war, wéi déi Direktiv zu Bréissel ugeholl ginn ass. Ech ka mech net erënneren, dass mir als Regierung deemools dergéint waren.

Duerfir erlaabt mer, dass ech dat doten awer kuerz ernimmen. Wéi gesot, ech hu fonnt, dass dat ouni Polemik hei ofgelaf ass.

Mä dat do war awer däers Gudde fir mech e bëssen ze vill! Dat bësse schlecht Gefill, wat een huet, well ee mam Réck zur Mauer stoung an eng Rei Opposition-formellen huet missen esou oder esou probéieren aus dem Wee ze kréien, léisst engem e schlechten Nogeschmaach. Et weess een och, dass dat eent oder dat anert vläicht eng Kéier muss gekuckt ginn.

De Rapporteur huet gesot, dass et net schlecht wier, wann een eng Bilanz géif zéien - ech sinn absolut domadder d'accord - an dass ee gegebenenfalls op eenzel Punkte misst zrëckkommen, wann ee gesäit, dass d'Bestëmmungen, déi mer haut an d'Gesetz erageschriwwen hunn, vläicht net dat Resultat ginn hunn, wat mer eis erhofft hunn. Well mir hunn et jo gewéinlech erkläert, a meng Beamten hu jo wierklech an deenen 19 Sitzungen ëmmer probéiert den Hannergrond vun deenen eenzelnen Dispositiounen ze erklären. Ech mengen, da soll een eng Kéier dorop zrëckkommen.

Ech versprochen och, dass mer déi Ausféierungsbestëmmungen, déi d'Chamber mat Recht heizou freet, och a beschtméiglechen Délaie probéieren duerchzebréngen. Mir hunn nach e puer déck Brocke virun eis, mä mir probéieren dat do dann och niewelaanscht ze maachen.

Hei gëtt et u sech zwee Gesetzter, déi mer zesumme behandelen, déi och ganz villes gemeinsam hunn an déi u sech e kloren a kohärente Kader sollen duerstellen. Firwat u sech? Ma fir zwou total verschidden Aktivitéiten. Déi eng reguléiert eng reguléiert Aktivitéit an déi aner eng liberaliséiert Aktivitéit. Déi reguléiert Aktivitéit, déi also net liberaliséiert ass - dass dat nach eng Kéier kloer ass -, ass déi vum Transport vun där Energie a vun der Verdeelung vun der Energie. Deen zweeten Deel, dee liberaliséiert gëtt, ass dee vun der Produktioun, vun der Liwwerung a vum Handel; vum kommerziellen Deel.

Wat maache mer hei u sech? Mir maachen eng Rei Regelen, kloer, kohärent Regele fir sämtlech Acteuren. Mir probéieren d'Versuergungssécherheet ze garantéieren duerch eng Rei Elementer, déi mer festschreiwen. Mir probéieren d'Kennzeichnung notament vum Origine vum Elektresche festzehalen. Mir probéiere kloerzestellen, dass den Accès garantéiert ass an dass jiddfereen e fräie Choix huet; wat dat och fir deen Eenzelnen ëmmer mag heeschen.

Mir kucken, d'Rechter vum ILR an dësem Kader ze definéieren. Mir kucken awer och, d'Rechter an d'Flichte souwuel vun de Konsumente wéi och vun allen aneren Acteuren kloerzestellen. Mir probéieren iwwer Synergien, dass d'Präisser vläicht och kéinte muer eng Kéier erfogoen - ech kommen nach eng Kéier drop zrëck -, a mir ginn d'Basis fir d'Aspeisung vum Gas, déi am Moment nach keng legal Basis huet.

Zwee Wuert allgemenger Natur, wou ech mengen, dass hei vläicht net déi richtig Plaz ass, fir d'Diskussioun ze féieren, där ech mech awer net wëll verschléissen. Mir hunn hei keen allgemengt Energiegesetz, iwwert dat mer schwätzen. Et ass reng eng Ëmsetzung. Eng Ëmsetzung, déi eng kloer Visioun huet; déi, déi ech elo grad opgezeechent hunn. Duerfir, ech verschléisse mech net enger Diskussioun. An ech mengen, d'Klimaschutzpolitik hu mer déi lescht Zäit awer des Öfteren hei an där Chamber diskutéiert.

Ech wëll och déi Kolleege vun deene Grénge berouegen. Déi Koordinatioun tëschent dem Ëmweltminister an dem Wirtschaftsminister, déi klappert tipptopp. Dat hutt Der jo vläicht nach eng Kéier kënne feststelle bei de Reglementer, déi mer lech elo virgestallt hunn. Déi Koordinatioun ass also gutt. Et ass eng Approche, déi verschiddenaarteg ass. Duerfir gëtt et jo och déi zwee Ministère; soss bräicht een nëmmen een an där doter Saach. Duerfir: Leet Äre Kapp a Rou! Mir kommen do zu brauchbare Kompromisser all Kéiers wann et da muss sinn.

Wat sinn déi Punkten, déi mer nach an nächste Zäit ze diskutéiere kréien? Ebe just d'erneierbar Energien. Mir hunn ugefaangen dat Reglement ze diskutéieren. Ech wëll awer dem Kollege Kox soen, bei aller Frëndschaft, hien huet eng ganz grouss Léift, dat ass d'Fotovoltaike. Dat verstinn ech och absolut. Ech muss awer där Kritik, déi implizit un deem Reglement, wat mer elo virgestallt hunn a wou ech net wëll op den Detail agoen, gemaach ginn ass, entgéinthalen. Mir hunn och haut nach - vis-à-vis vun deem Land, wat jo dohinnergestallt gëtt mat bei Wäitem där beschter Regelung, wat d'Fotovoltaike ubelaangt, nämlech Däitschland - eng besser Regelung wéi Däitschland.

Ech géif also de Kollege Kox bieden, hie mécht, wéi e wëllt, mä et kann een him ëm-

mer awer eng Kéier léif soen: Wäer et net besser, mir géifen ophalen ze jéimeren iwwer eng Prozedur an iwwer eng Käschteverrechnung, déi besser ass, wéi iergendeng, déi et wäit a breet gëtt, a besser ass, wéi déi an Däitschland, déi jo am Moment ëmmer héich geprise gëtt? Wäer et net besser, mir géifen ophalen dat ze vermiesen a géifen dee Secteur, deen him um Häerz läit, vläicht éischter méi offensiv ugoen?

Dat, wat e mir am Fong geholl ëmmer virwerft, werfen ech him och elo vir: Hien ass amgaangen, de Secteur ze vermiesen. Ech fannen dat net gutt, mä mir kréien nach d'Geleeënheet, fir dozou ze schwätzen.

Mir hunn als Objet och nach d'Wärmeschutzverordnung, wat e Reglement ass, zu deem de Conseil d'État säin Avis elo ginn huet a wouriwwer mer och mat der Chamber nach eng Kéier e Gespréich wäerte féieren. Mir sinn amgaangen, den Effikassitéitsplang, dee mer zu Bréissel musse virleeën, fäerdeg ze maachen. Mir schaffen un der Neiorientéierung vun der Agence de l'Énergie an domat un der Berodung.

Mir schaffen un enger Gesamtstrategie, an ech mengen, doranner passen eenzel Diskussiounen, déi d'gréng Kollegeen haut opbruecht hunn. Ech wëll eng Gesamtstrategie an der Energie jo virleeën, mä, wann ech gelift, bei all deem, wat ech lech elo opgezielt hunn, loosst mer vläicht awer bei de Mëtelen, déi ech hunn, e bëssen Zäit, fir dass een dat Schrëtt fir Schrëtt mécht. Ech wäert och nach mat Sécherheet zrëckkommen, méi wéi eng Kéier, fir Diskussiounen mat lech heiriwwer ze féieren.

Här President, da wëll ech ee Wuert och soen zu eppes, wat mer amgaange si parallel ze entwéckelen. Dat ass, dass mer en onheemlechen Duerjerneen hu wat den Aktionariat an eisen Energiegesellschaften an -strukture betrëfft. Een, dee sech eng Kéier d'Méi gëtt, d'Aktionariatsstruktur ze kucken, dee gesäit dat. Hei geet et net nëmmen ëm d'Cegedel an ëm d'Soteg, hei geet et ëm eng Hällewull vun Acteuren.

Dat geet vun der SEO iwwert d'Twinerg an d'Sotel op Luxgaz, op Sudgaz, do sinn d'Gemengen, do si Privater - an ech kéint weiterfueren. Do gëtt et enorm vill Acteuren an et si méi wéi 30 Aktionären - tëschent Gänsefüßchen -, déi hei am Spill sinn. Duerfir probéiere mer, e bësse méi Uerdnung ze kréien doduerch, dass mer eng Restrukturatioun probéiere vun deene Partizipatiounen, déi jiddfereen huet.

Dass dat net einfach ass, geet schonn aus zwee Elementer ervir. Mir hu schonn een Acteur, deen op der Bourse ass, an Dir wësst, wann eng Gesellschaft op der Bourse ass, ënnerläit se enger ganzer Rei Regelen, un déi ee sech muss halen. An iwwert déi Diskussiounen do kann ech nun net einfach en public rieden, well dat kritt ëmmer erëm direkt Impakter op e Kurs vun enger Bourse.

Den zweete Punkt ass deen, dass mer Gesellschaften hunn, wou eng ganz Rei Aktionäre sinn, dat net just Gemenge sinn, dat net just de Stat ass. Ech wëll soen, dass mer a leschter Zäit an der Cegedel beispillsweis als Stat, als SNCI probéiert hunn, bäizekafen - net ze verkafen, mä bäizekafen - all Kéiers wann et méiglech ass, ouni dass mer iwwert d'Bourse gaange sinn.

Duerfir hu mer haut 45%, mä dat heescht, dass 55% a privater Hand sinn an e gudden Deel um „free-float“: 16%, 17% op der Bourse. Dat heescht och, wann Der d'Strukture vun der Soteg kuckt, dass do privat Acteuren sinn. Dat heescht, do huet de Stat duerch d'SNCI 31%. Dat heescht, wann Der d'Sotel kuckt, dann huet de Stat do guer näischt, wann een esou wëllt; dat heescht, wann Der d'Twinerg kuckt, dann huet de Stat do guer näischt; dat heescht, wann Der d'SEO kuckt, dann huet de Stat wuel 40% - mengen ech, dass mer hunn -, mä dann hunn nach 60% e Koup aner Leit, an ech kéint esou weiterfueren.

De Stat huet op ville Plazen eben net d'Mainmise, esou wéi déi gréng Kolleege sech dat vläicht wënschen. Duerfir hunn ech dem Claude Turmes jo den Optrag ginn, e soll mer emol e puer Propose maachen. Do géif ech awer bieden ëm e bësse Fairness. Et ass nozeliesen, wéi e säi Rapport ofginn huet, hunn ech vun Ufank u gesot: Déi Iddi vun der nationaler Netzgesellschaft hat ech och schonn am Kapp, dat ass eng gutt Iddi an déi wäert ech probéieren ëmzesetzen.

Ech hat do scho gesot, et ass onméiglech, honnert Prozent ze kréien, et sief dann, et entteegent een an et nationaliséiert een de ganzen Energiesecteur, soss ass dat net méiglech. An duerfir hunn ech deemools scho gesot, ech striewe 50 plus eppes un. Ech hunn deemools scho gesot, ech hätt gär, dass mer mat de Gemengen, ze-

summe mat dem Pouvoir public kucken, d'Mainmise op den Netzer ze hunn, sief dat am Gas oder am Elektreschen.

Duerfir, wann ech gelift Kolleegen, sidd fair a kommt mer elo net erzielen, ech hätt do eng Kursännerung virgehol! Ech sinn exakt datselwecht amgaangen ze maachen, wéi dat, wat ech deemools ugekënnegt hunn. Ech hat deemools dat do ugekënnegt a genau dat striewen ech un. Ech wëll also do just e bësse Fairness.

Ech wëll och net ze vill an den Detail dovunner goen. Ech wëll just soen, eleng de Fait vun dem Droit de préemption, dee mer a leschter Instanz probéiert hunn anzeféieren: Fir ze verhënneren, dass d'Netzer muer un iergendee Private verkaaft kënnen ginn, hate mer den Droit de préemption gefrot fir dee gréissten Acteur, deen dee sollt sinn, déi Netzgesellschaft, wou de Pouvoir public d'Majoritéit soll hunn. Déi ass eis och verworf gi vum Statsrot.

Dir kënnt mir also net virwerfen, ech hätt wierklech net alles probéiert. Ech hu mer Oppositions formelles mat lech zesummen ageheimst, fir awer wierklech festzeleeën, dass mer - esou wäit et all Kéiers méiglech ass - probéieren, déi national Gesellschaft ze speise mat Netzer, déi eventuell kéinte verkaaft ginn.

Ech wëll dann och soen, dass mer probéieren, déi national Gesellschaft zustanen ze bréngen, dass mer derniewent eng Produktionsgesellschaft, eng kommerziell a Beliwierungsgesellschaft kréien, aus där de Stat sech net wäert ofmellen. Dee wäert sech net ofmellen! Duerfir soen ech lech direkt, dass dat, wat Der mer do erzielt hutt, dass ech amgaange wär, dat ze verhökereen un E.on Ruhrgas, un RWE, EDF, awer wierklech totale Quatsch ass!

Ech sinn amgaangen, just de Contraire ze maachen. Ech sinn amgaangen ze kucken eng Mainmise selwer vum Stat op der Produktiounsgesellschaft, eng kommerziell a Beliwierungsgesellschaft kréien, aus där de Stat sech net wäert ofmellen. Dee wäert sech net ofmellen! Duerfir soen ech lech direkt, dass dat, wat Der mer do erzielt hutt, dass ech amgaange wär, dat ze verhökereen un E.on Ruhrgas, un RWE, EDF, awer wierklech totale Quatsch ass!

Kuckt emol eng Kéier d'Gesetzer iwwert d'kommerziell Gesellschaften, do geet et relativ demokratesch hier, wat Dir jo fuerdert, an do ass et also net esou, dass ech kann decidéieren, dass muer E.on Ruhrgas, RWE, Electrabel an EDF iwwerallerausgepocht ginn. Esou einfach ass et leider net. Ech wënsche mer dat heiandsdo, mä, Kolleegen, esou geet et awer net.

Duerfir wäerte mer awer probéieren och do present ze bleiwen, well ech mengen, dass mer och do kënnen dat, wat lech jo um Häerz läit, d'Qualitéit vun deem, wat mer liwweren, beaflossen. Wa mer eis do ofmellen, beaflosse mer guer näischt méi.

Nach ee Wuert zu der Roll vun de Gemengen. Ech hunn Ufank November, de 6. November 2006, zesumme mam Innenminister eng éischt Entrevue gefrot mat de Gemengen, fir mat hinnen iwwert dat ze schwätzen, wat op se zoukéim. Ech mengen, déi, déi deemools derbäi waren, mussen fairnesshalber soen, dass ech probéiert hunn, hinnen d'Schwieregkeeten, d'Opportunitéiten duerzeleeën, dass mer probéiert hunn och ze soen, wat eventuell d'Problemer kéinte sinn, déi optauchen.

Duerno ass et zumindest mat mir eleng a mam Innenminister nach eng Kéier eng Réunion ginn. Et sinn der nach mat menge Servicer ginn, wou mer all Kéiers och probéiert hunn, Pisten opzezeechnen an der bestehender Gesetzgebung. Mir hu probéiert ze kucken, wéi et méiglech ass, dass d'Gemenge selwer d'Décisioun kënnen huele wat se maachen, ob se selwer am Marché bleiwen, ob se am Netzbetrieb bleiwen, ob se am kommerzielle Betrieb bleiwen, fir dass se déi Méiglechkeet hunn.

Ech hunn hinnen eng ganz Rei Propose gemaach, déi eng gewësse Souplesse hunn, an ech mengen, d'Gemengen hätten domat kënnen awer eens ginn. Mä ech halen op heimadder, well et net meng Kompetenz ass, an ech loossen herno den Innenminister lech doriwwer vläicht eng Rei Explikatiounen ginn zu Saachen, déi Der hei ugeschwat hutt.

Komme mer awer zu deem Gesetz zrëck. D'Madame Brasseur huet mat Recht gesot, mir schwätzen hei net vum ganze Marché, mä mir schwätze vun deem, wat d'Liberaliséierung ubelaangt, an iwwer nei Effekter bei de Konsumenten, bei de klengen Konsumenten, also vu ronn 16%.

De Rescht ass awer gutt, well mer eng Rei Klärungsprozesser a Regeln opstellen, déi doriwwer eraus ginn an also och fir de gesamten Energiemaart dann zoustänneg sinn.

Ee Wuert zum Ënnerscheed vum Gas a vum Elektresch. E wichtegen Ënnerscheed ass,

dass mer e Service universel garantéieren am Elektreschen an dass mer deen net garantéieren am Gas. Firwat? Am Elektreschen, do huet ee kee Substitutionsprodukt haut, während een dat am Gas huet.

Mir probéieren natierlech, well Gas méi frëndlech ass wéi Mazout, de Gas esou wäit wéi méiglech, wann et ekonomesch vertrieubar ass, landeswäit iwwerall op déi Plazen ze kréien, wou et gefrot ass, mä do dierf awer d'Wirtschaftlechkeet nach vläicht e kleng Kritt sinn, fir dat ze entscheiden. Mä gleeft mer et, ech probéiere wierklech massiv - an dat si mer jo amgaangen ze maachen - op de Gas ze setzen.

Mir hunn elo viru kuerzem nach Accordë getraff, dass och Gas ëmmer méi benotzt soll ginn an Autoen. Mir hu bis elo nëmmen zwou Tankstellen, mä mir sinn amgaangen dat Netz wellen auszebauen an och deementspriedend ze ënnerstëtzen.

Wat de Präis ubelaangt, huet d'Madame Brasseur gesot, déi Direktiv bréngt näischt. Dach, eng Rei Kloerheeten, déi mer net hatten, bréngt se schonn. Am Präis ginn ech dovun aus, dass déi Regierung, an där d'Madame Brasseur och deemools war, wéi déi Direktiv hei ugehol ginn ass, wousst, dass mer hei vun enger ganz anerer Situation ausginn, wéi bei den Telekommunikatiounen.

Hei hu mer eng Primärenergie, déi mer brauchen, eng Basissubstanz, a mir si staark dovunner ofhängeg. Mir hunn also do net dee Spillraum. Et ass vläicht nach eng Kéier gutt ze kucken: Wou hu mer da Spillraum?

Mir hunn dräi verschidden Elementer, déi de Präis ausmaachen. Do ass iwwerall Spillraum. Mä do muss jiddferree seng Responsabilitéit huelen.

Dat eent ass dat vun den Taxen, déi dorop sinn. Dräi Taxe sinn drop: eng Taxe d'électricité, decidéiert vum Stat, dat heescht, vun lech hei an der Chamber; déi fir de Fonds de compensation, déi iwwer Reglement elo festgeluecht gëtt, déi an e Fong geet a fir d'erneierbar Energien ass, an d'TVA. Dräi Elementer, déi mer also kënnen beaflossen hei zu Lëtzebuerg, och wa mer wëssen, dass mer an der TVA net de volle Spillraum hunn, wéi mer eis dat vläicht virstellen.

Da gëtt et deen Deel wat d'Elektresch selwer betrëfft, an do probéiere mer doduerch, dass mer Acteuren zesummebréngen, déi haut kleng Acteure sinn, eng Plattform ze bidden, dass se muer - jiddferen op seng Aart a Weis, esou wéi en et wëllt - eng Hëllefstellung kréien a beim Akaf och gebündelt kann akaaft ginn, fir dass mer zumindest do méiglechst gutt a gönschteg Präiser trotzdeem kréie fir den Endkonsument.

Dat heescht, dass mer op deen Deel, deen akaaft ass, e besseren Accès kréien. Duerfir hu mer jo och probéiert Accès op d'Produktioun ze kréien. Well deen, deen nëmmen akeeft a verkeeft, deen huet keng Chance. Deen ass total ofhängeg vun engem, deen lech eppes ubitt, an duerfir hätt ech gärden, dass mer méi oft Accès op d'Produktioun kréien. Dat probéiere mer jo.

Mir hunn deen Accord mat Gasprom an Däitschland. Mir hu mat der Cegedel och eng Rei Accésen. Mir probéiere mat der SEO, dass mer Tranché kréien. Do si mer jo amgaang déi Honnert-Megawatt-Méiglechkeet fir Lëtzebuerg duerchzesetzen. Duerfir probéiere mer an deem Beräich och de beschtméigleche Präis erauszekréien. Dee kritt een net, dat soen ech lech elo schonn, mat ville klengen Acteuren.

Duerfir bidden ech eng Plattform un. Mä déi Acteure sinn alleguerte fräi ze maache wéi se herno wëllen. Ech bidden hinnen eng Plattform, wou mer Saache kënnen zesumme maachen.

Deen drëtten Deel ass dee vun den Netzkäschten. An och do hu mer en Afloss. Netzer zesummeleeën, d'Gestioun zesumme maachen, soen ech lech haut schonn, bréngt mat Sécherheet fäerdeg, dass mer d'Netzkäschte kënnen erofsetzen. Well et ass net normal, dass mer esou vill Acteure beispillsweis am Netz hunn, wou jiddferree seng eege Strukturen huet an duerch dat Gesetz am Fong geholl nach méi muss Leit astellen, a jiddferree seng Leit net ganz ausgelascht kritt. Där Sécherheet sinn ech. Mä bon, jiddferree mécht do, wéi e wëllt.

Mäi Wonsch ass, dass déi Netzer allegueren an eng eenzeg Gesellschaft kommen. Wann et Gemenge gëtt, déi dat net wëllen, dann ass et hiert fräit Recht an dann ass dat och fir mech kee grouse Problem. Mä mäi Wonsch ass en aneren: dass mer et zesumme kréien; ech wëll et awer net forcéieren. Duerfir hunn ech déi Opklärung gemaach vis-à-vis vun de Gemengen, fir hinnen déi Avantagen och duerzestellen. Well mir kënnen net einfach soen, mir sozialiséieren

all Fraisen. Mir musse sécher sinn, dass mer déi Fraisen och gedréckt kréien. Well et ass den Endkonsument schlussendlech, dee bezilt.

A wa mer hei an der Kommissioun op eemol ewechgaange si vun deem System 70-80% op e 50-50%, da muss ech lech soen, domat bezilt de Konsument einfach méi. Déi, déi einfach soen, d'Netzgesellschaft soll méi bezuelen, jo mä déi geet dat einfach weiderginn, an den ILR wäert dat jo och begutachten. Déi gëtt dat einfach weider. Do muss ech einfach op eppes opmierksam maachen: Bei allen Décisiounen, déi mir hei huelen, sief et an der Regierung, sief et an de Gemengen, sief et hei an der Chamber, solle mer eis all Kéiers bewosst si vun der Influence, déi dat huet op eis Inflatoun!

Ech héieren esou vill Leit ökumenesch dorëmmer erzielen, eis Inflatoun, déi hausgemaachten, wier ze grouss. Mä ech wëll just drun erënneren, dass mer permanent amgaange sinn, wuel duerch Sozialiséierung vun enger Rei Fraisen, nobel Geschichten, d'Präisser iwwerall selwer unzekuerbelen. Ech hunn näischt dergéint, wa mer eis bewosst sinn, dass mer dann net lamentéiere kommen, dass d'Inflatoun an d'Luucht geet, an haaptsächlech déi hausgemaachten Inflatoun. An ech fannen och, da muss jiddferen domat d'accord sinn, dass dat do als Konsequenz huet, dass um Niveau vun Europa, wann all Länner dat maachen, d'Europäesch Zentralbank, mat der Suerg, berechtegt oder net, mä déi ass eben an den Traitéen dran, dass d'Inflatoun ze vill an d'Luucht geschrauft gëtt, higeet an d'Zënse an d'Luucht setzt.

Da soll och kee kommen a bedauern, en hätt net gewosst, dass dat eng vun de Konsequenze wier, dass deem engen an deem anere säi Prêt méi deier gëtt an deem Moment. Dat muss een einfach wëssen, wann ee selwer un där Schrauf dréint - an Dir a mir alleguerten dréinen un där Schrauf -, déi d'Inflatoun an d'Luucht setzt.

Dat huet als Konsequenz, dass muer d'Zënse an d'Luucht gesat ginn. Dat huet als Konsequenz, dass all Prêté méi deier ginn. Dat muss een einfach wëssen! Dann ass viles méi kloer an da sinn och d'Virwërf, déi deen een oder deen aneren ze maachen huet, besser anzerien.

Ech kommen op eng Rei Punkten, déi hei monéiert gi sinn am Kader vun deem Gesetz. Ee vun deene war dat vun de Sonderrechter, déi mir am Fong geholl hei wollten iwwerhuelen. Meng Beamten hunn u sech, muss ech soen, net schlecht gestaunt, wéi se awer d'Reaktioun vun de Parlamentarier, vum Syvicol a vu jiddferengem gesinn hunn.

Firwat? Bis dohinner war hinnen net bekannt, dass eng Proposition de loi do wier, fir dat ze änneren. Dat do si Saachen, déi besti säit den 20er Joren. Ech hunn duerch aus Verständnis, dass Gemengepäpp a -mamme Suergen hunn, dass et do iergendee gëtt, deen en dehors vum Droit ass. Dat verstinn ech absolut. Mä bis dohinner ass kee Mënsch opgestanen an huet gesot, ech änneren dat per Proposition de loi. Ech war och 15 Joer hei an där Chamber, och ech hunn dat net gemaach. A meng Beamten hunn zumindest hiert Erstaunen ausgedréckt. Si hu gesot: Jo, mir hunn am Fong geholl just dat weidergemaach, wat bis elo bestanen huet a wat keng Regierung a kee Parlament bis elo a Fro gestallt huet.

Mä ech sinn awer mat d'accord, mir hu probéiert nach dat erauszehuelen, wat erauszehuele wier. Och mat engem Hannergedanken, wou ech lech géif bieten awer den Ënnerscheid tëschent GSM-Antennen an elektresche Kabelen ze maachen.

Wann Dir dräi Gemengen hannerenaner leien hutt, an d'Gemeng 1 seet, ech wëll GSM an ech hätt gär eng Antenn, an d'Gemeng 2 seet, ech wëll keng oder ech wëll net vill, an d'Gemeng 3 seet, ech wëll der erëm, dann hunn d'Gemengen 1 an 3 eben e gudden Schloss un de GSM an d'Gemeng 2 eben e schlechten. Punkt, fäerdeg! Mä: Wann Der awer e Kabel zitt an d'Gemeng 2 an der Mëtt seet: „Ah neen, net bei mir!“, da bréngt dat mat sech, dass et Konsequenzen op d'Gemeng 1 an 2 huet.

Dat bréngt mat sech, dass et op eng ganz Regioun, déi u sech näischt gegebenefalls mat deem ze dinne huet, wat déi Gemeng do ze decidéieren huet - wat déi Gemeng do ze decidéieren huet, Här Kox, dat ka Konsequenzen hunn an enger anerer Regioun vum Land -, an dat ka Konsequenzen hu muer an engem aneren Deel vun Europa, wat hei geschitt an den Hochspannungen.

Kënnt Der lech drun erënneren, dass ech lech gesot hunn, dass entgéint deem, wat eenzel Leit aus dem Energiesecteur haut, d'Cegedel an esou weider, behaapten, e Blackout wéi deen am September 2004 géif net méi virkommen? Ech soen lech, dee

kënnt nach vir. Ech ginn lech absolut keng Garantie, dass dat net méi virkënt.

Dir braucht nëmmen ze kucken, wat elo dës Woch geschitt ass, an dat hätt souguer kënnen Konsequenze kréien. An da kréien ech ëmmer erzielt: Neen, neen, dat ass alles x-mol ofgesécher!

Ech soen lech, mir bréngen ëmmer erëm Situatioune fäerdeg - an an Däitschland, dat Lescht, wat do geschitt ass, huet dat jo och bewisen -, wou op eemol „alle Stricke reißen“ an d'Sécherheet dann net méi garantéiert ass. Duerfir soen ech lech, déi ass net absolut, déi Sécherheet, an un där dréine mir och am Moment.

Versuergungssécherheet ass fir de Konsument schrecklech wichteg. Dat mierkt een un der Opreegung vun de Leit, déi een elo dës Woch erëm héieren huet. Mat Recht!

Fir d'Betriben ass et e kompetitiven Avantage, wa se kënnen soen, an hirem Mammenhaus zu Lëtzebuerg géif et keng Blackouten, op alle Fall net oft. Ech war elo viru kuerzem an Indien, do hutt Dir sechs-, siwemol am Dag, dass d'Elektresch einfach ofgespaart gëtt, well iergendeppes net geet. Dat kënnen eenzel Betriben, déi am Continu schaffen, sech net leeschten.

Do behale mir Avantagen. Un deene solle mer nun net krazen a plécke goen. Dat wäert op alle Fall eng vu menge Suerge sinn. Duerfir verstinn ech och net richtig, firwat dass beispillsweis bei den Amendementer Eenzelner gemengt hunn, et dierft een dee Fënnefjoresplang, deen ech als Minister wëll exigéiere vun alle Leit, déi Netzer bedriewen, net froen. Ech kommen do aus dem Staunen net eraus!

Ech fannen ebe just, dass, wa mer wëlle sécherstellen, dass déi Versuergungssécherheet duerch d'Qualitéit vum Netz muer garantéiert ass, de Stat d'Flicht huet ze froen, dass ee virgeluecht kritt, wat fir eng Investitiounen getätegt ginn a wat fir eng net getätegt ginn.

Duerfir sinn ech nach wie vor der Meinung, dass mer dorobber hi solle pochen, souguer dann, wann de Stat 51% mat de Gemengen zesummen eventuell eng Kéier hëlt.

E Wuert zur Kennzeechnung. Et ass richtig, mir hunn am Gesetz dat net festgehalten. Mä mir wäerten et an e Reglement schreiwen. Ech soen och haut héich an helleg: Ech wäert alles maachen, fir dass déi gréissten Transparenz op d'Facturé kënnt. Frot och net, wéi et gefrot gi war, dass all Mount dat op der Facture steet, well dat bréngt näischt. Dat ass keng Facture, dat ass en Acompte. Et ass nëmmen eemol am Joer eng Facture, an ech mengen, eemol am Joer geet jo och duer, well dertëschent ännert näischt, vu dass et en Acompte ass.

Mir probéieren, ob Der mer et gleeft oder net, e Maximum un Transparenz ze kréien, well ech gärden hätt, dass den eenzelne Konsument och wierklech selwer seng Responsabilitéit soll huelen a se net soll ofwälzen un iergendeng Firma a soen, ech hu keng aner Méiglechkeet, oder un iergendee Pouvoir public oder eng Gemeng. Duerfir hätt ech gärden, dass Kloerheet doranner ass.

Dass mer absolut Transparenz vläicht heiandsdo net fäerdeg bréngen, well mer d'Données de base aus deem Land net kréien, wou d'Energie hierkënt, dat ass net ze verhënneren. Mir kënnen engem Land net de Krich erklären, wat eben net grad esou streng Konditiounen huet wéi mir. Jo, elo kéinte mir einfach decidéieren, dass mer aus deem Land näischt méi huelen. Mä ech muss lech soen, dat ass emol éischstens net feststellen, an zweetens wär et och e Fehler, well mir engen domat jo awer och eis Méiglechkeete vum Akaf an, déi mer hunn. Duerfir probéiere mer all Méiglechkeeten auszeloten, fir déi Kennzeechnung esou transparent wéi méiglech ze maachen.

Wat den ILR ubelaangt, déi Commission consultative, déi Der wëllt maachen, also ech hunn a priori kee Problem domadder, kann awer déi Décisioun do net huelen. Den Här Schiltz ass Ministre de tutelle, wat dat ubelaangt. Ech kann him net soen, elo maachen ech dat - ech hätt et kënnen am Energiegesetz maachen -, elo maachen ech et am Energiegesetz, da seet hien, jo, mä ech hu jo am ILR nach aner Departementer, da

gëtt dat och do gefrot. Duerfir hätt ech gären, dass dat eng Diskussioun ass, déi Der mat him doriwwer féiert, wéi am ILR eventuell e begleedende Comité awer och dann op anere Punkten a mengen Ae misst spillen.

D'Roll vum Kommissär ass eng extrem wichteg a mengen Aen. Et gëtt vill Kommissäre beim Stat, inklusiv souguer op Plazen, wou ech eppes ze soen hunn, déi bräicht een net méi. Déi bräicht een absolut net. Deen heiten, dee brauch een, menger Meenung no. Hei huet de Stat ganz wichteg Fonctiounen. Ech weess, dee Kommissär huet e bëssen e komeschen Titel, et ass eng Terminologie aus engem anere System, mä enfin, d'Iddi vun engem, dee fir de Stat Saache kontrolléiert, iwwerwaacht, ass menger Meenung no an dësem Secteur absolut ubruecht.

An ech sinn och frou, dass Der mat op de Wee gaange sidd, fir och ze soen, dass mer d'Méiglechkeet hunn, e Kommissär eis sichen ze goen, wann een ofspréngt do duerch, dass et emol net virauszegesi war, dass deen op eemol géif goen, sief et an de Privatsektor oder an de Sektor vun de Gemengen oder esou weider, an dass ech mer net een huele muss, deen da beim INAP ufänkt. Dir kënnt lech virstellen, dann hätte mer dat Gesetz hei mat Sécherheet ni hikritt.

Wat dee sozialen Aspekt ubelaangt, dee vu ville Leit och nach ugeschwat ginn ass, esou hunn ech och kee Problem domat, fir nach méi wäit ze goen, wéi dat wat mer elo décidéiert hunn. Et war jo de Problem: „Wéini dierf ech ofspären a wéini dierf ech net ofspären?“ Mir hu gemengt, dat hei wär de Maximum wéi wäit mir - ech als Energieminister zesumme mat der Chamberskommissioun - goe kéinten. Soubal mir soen, mir gi vun de Gemengen ewech a mir ginn a Richtung vum Stat, vum Fonds de Solidarité, dann ass de Minimum, deen ech maache muss, dass ech awer mat där Ministesch, déi dofir zoustänneg ass, schwätzen.

Ech mengen déi Propos, déi och den Aly Jaerling gemaach huet, déi soll een an déi Diskussioun mat erabringen. Also, ech verspäre mech däraartegen Diskussioun guer net, mä ech wëll do net anere Leit op de Plate-banden erëmtrëppelen. Duerfir, meng Méiglechkeete wäert ech ausloten, fir deene Leit entgéintzekommen, déi „guten Willens“ eben net kënnen bezuelen, dass dat garantéiert ass. Ech wëll och net, dass een dat am Wanter effektiv opgespaart kritt, mä ech hätt gären, dass mer do eng propper Léisung fannen. Ech hunn zu deem Zäitpunkt keng besser Léisung um Dësch gehat. Duerfir hunn ech dat gemaach, wat ech nun ebe virgestallt hunn.

E lescht Wuert dann zu der Oplärungs-campagne, déi gefrot ginn ass. Do ass et sécher, dass ech dee Souci deelen, wat déi Oplärung ubelaangt. Ech si gefrot ginn: Firwat hutt Der dat net virdru gemaach? Jo, ech hunn awer zumindest missen ofwaarden, wat d'Reaktiounen hei am Parlament sinn, a souguer mussen mer nach ofwaarden, wat d'Dispens vum zweete Vote vum Conseil d'État ubelaangt. Duerfir wäert ech dat emol ofwaarden, fir sécher ze sinn, wat ass dann elo an deem Gesetz richteg a wat ass net richteg. Duerfir ginn ech emol dovun aus, dass mer awer am Laf vun dëser Woch dat kréien. Et muss ee vläicht eng Rei kuerz Informatiounen doropshin erausginn an duerno eng Oplärungscampagne maachen.

Mä, ech mengen, wann een awer emol d'Konsumenten einfach géif berouegen a soen: Loosst elo emol dee ganze Laascht kommen, loosst emol jiddfereen, dee wëllt ubidden, ubidden, an denkt emol no, sprangt net direkt op deen éischten Zuch, dat wär emol e berouegenden Effet, deen d'Konsumente sollen hunn.

Duerfir geet mäin Appel un d'Leit, dass se wa méiglech net elo direkt probéieren - jiddferengem ass et fräigestallt -, mä net allequerte mengen, si géifen iergendepes verpassen, wa se elo net ipso facto direkt vun engem Dag op deen aneren de Liwwerant wiesselen. Ech mengen, bleift elo emol bei deem, wou Der sidd. Kuckt lech emol un, wat déi eenzel Alternativen lech bidden. Loosst lech dat duerch de Kapp goen. Bis dohinner sinn och d'Gesellschaften à même, eppes en place ze setzen, wat eng

seriö Berodung ass a wat och eng Struktur ass, déi et erlaabt, vun engem zum aneren ze goen. Well esou einfach ass dat net!

Ech hunn och de Gemengen ugebueden, dass déi Gemengen, déi weider aktiv sinn am Moment an och nach vläicht herno an net iwwert d'Basiswësse verfüge vun däraartege Kompetenzen, déi erfuerdert sinn, fir dass d'Transferte propper assuréiert ginn... Well hei mussen mer oppassen, hei kënnen mer muer viru Geriicht landen! Mir mussen wëssen, dass all déi Acteuren do Dommages et intérêts gegebenenfalls gefrot kréien, wann déi Strukturen, déi se en place gesat hunn, net deem entsprechen, wat an deem Gesetz hei ass. Et ass also net esou wéi dat bis elo de Fall war, wou dat onheemlech locker gehandhaabt ginn ass.

Ech kann lech soen, dass ech heiansdo zähneknirschend meng Ennerschrëft enner Saache gesat hunn, wou ech d'Netztarifer fir d'ganz Joer accordéiert hunn, Mëtt vum Joer, Enn vum Joer, an Eenzelner hunn iwwerhaupt näischt gefrot vun den Acteuren. Duerfir gëtt et elo e bësse méi seriö. Et muss ee wëssen, dass een och elo belangt ka ginn an där doter Saach.

An et muss een och wëssen, dass d'Gemenge mussen oppassen. Mir hate jo probéiert eng gewësse Struktur bei Netbezuelen, bei Failliten anzebauen, wou mer eng Prioritéit och wollten der Netzgesellschaft, an domadder der Gemengennetzgesellschaft beispillsweis wollte garantéieren. Dat ass duerch de Statsrot réckgängeg gemaach ginn, well deen net domadder d'accord war.

Mir hunn also eng ganz Rei Saache probéiert. Ech verstinn déi gréng Kolleegen. Ech hunn hir véier Punkte gekuckt. Vun der Prozedur hier hunn ech Verständnis, mä och Dir musst Verständnis hunn, wann Der den Hannergrond kuckt, deen Der jo kennt, deen ech hei net muss laang a breet erklären, dass déi Prozedur eben déi war, déi et elo ebe war.

Dir sot, et wär net sozial. Et ass vläicht zu dësem Zäitpunkt, wat deen een Element ubelaangt, nach eng Kloecheit ze schafen. Ech si mat d'accord, wann Dir sot, et ass eis elo net kloer genuch. Ech hunn awer versprach, dass ech dat an d'Regierung weiderginn, an ech hoffen, dass Der dovunner Notiz huet.

Dir sot, et ass net ekologesch genuch. Okay, elo weess ech, dass Dir ëmmer e Schrëtt méi wäit gitt wéi dat, wat den Energieminister proposéiert. Ech proposéieren hei scho relativ wäit ze goen. Dir gitt nach gäre méi wäit. Ech akzeptéieren dat.

De véierte Punkt, Dir wëllt méi demokratesch doranner ginn. Ech hunn heiansdo och meng Problemer, wou dann op eemol dat eenzelt Recht op d'Recht vun der Allgemeinheit priméiert. Dat stellt och fir mech e Problem duer. Duerfir hunn ech Verständnis, dass Der Bedenken hutt. Ech géif lech awer bieten, Kenntnis dovun ze huelen, dass mer hei probéiert hunn, dat Beschtméiglecht erauszehuelen an och wierklech probéiert hunn, dat an Zesummenaarbecht mat lech ze kucken - an ech soen lech allequerte queesch duerch sämtlech Reie villmools Merci!

Op der DP hir zwee éischt Bedenke war ech schonn agaangen, Madame Brasseur. Op déi zwee nächst geet den Innenminister an.

Ech soen lech fir de Moment emol Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Wuert huet elo den Här Minister Jean-Marie Halsdorf.

(**Interruption**)

Loosse mer elo d'Regierung nach hir Stellungnahm huelen, an da kritt den Här Kox d'Wuert, wann Der domat d'accord sidd?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a sech sinn ech de Mëtteg méi spët hehinner komm, well ech gemengt hunn, ech kéint mech vun deem Débat esou fernhalten, am Sënn, dass ech gemengt hunn, wann de Jeannot Krecké lech géif matdeelen, dass d'Aarbechte betreffend déi Problemer, déi am Gemengesektor sinn, en cours wären, an dass d'Texter geschriwwe ginn, dat an der Rei wier.

Well awer d'Madame Brasseur hei eng vehement Interventioun hat, hunn ech gemengt, et wär gutt hehinner ze kommen. Ech wollt meng Interventioun awer en engem ganz sachlechen Toun halen an lech dann doriwwer informéieren, wéi déi eenzel Punkte betreffend d'Gemengen an dësem Dossier evoluéieren.

Wann een d'Aktivitéite vun de Gemengen am Beräich vum Stroum a vum Gas kuckt, da muss een ëmmer an Erënnerung behalen, dass dat Aktivitéite sinn, déi an den 30er Joren un d'Gemenge gaange sinn, eng Zäit, wou d'Stroumversuergung net garantéiert war, wou also eng Carence war a wou doduerch déi öffentlech Hand konnt där privater Hand eng Hand mat upaken, fir d'Stroumversuergung ze garantéieren. An d'Gemengen, déi hei concernéiert sinn, notamment Veianen, Ettelbréck, lechternach, Dikrech, Stengefort, d'Stad Lëtzebuerg oder Esch, déi hunn haut nach esou Aktivitéiten an deene Beräicher, déi an där Zäit hir Originé fannen an déi historiesch gewuess sinn.

Dat si keng „core activities“ - wéi mer dat nennen - vun de Gemengen, mä déi Gemengen, déi maachen dat ganz gutt. D'Problemer sinn elo komm, wéi mer eng Liberaliséierung kritt hunn am Beräich vum Stroum a vum Gas. A sech hu mer hei dräi Problemer oder dräi Punkten oder dräi Voleten, déi ee vuneneen ennerscheede muss.

Dat eent ass de Volet: Eng Aktivitéit vun enger Gemeng am Beräich Stroum oder Gas, enner wéi enger juristescher Form kann eng Gemeng esou eng Aktivitéit maachen? Dat werft Froen op.

Deen zweete Volet, dee Froen opgeworf huet, ass dee vun de Personalfroen.

An deen drëtten Volet ass dee vun der zukünftiger Energiepolitik hei zu Lëtzebuerg, ob d'Gemengen do kënnen assoziiert ginn.

Déi dräi Aspekter fënnt een och erëm an där Proposition de loi, déi dëser Deeg der Press virgestallt ginn ass a wou ech och wollt en temps utile drop reagéieren, wann ech mech bis mat menge Kolleegen aus der Regierung concertéiert hätt. Well hei ass jo net nëmmen eleng den Innen- a Landesplanungsminister betraff. Hei ass och den Energieminister betraff, d'Fonction publique muss ee Wuert matschwätzen an och den Ëmweltminister muss concertéiert ginn, esou dass et och haut net wäert u mir sinn, fir schonn détailléiert op déi eenzel Aspekter vun dëser Proposition de loi anzegoen.

Fir mech ass et awer kloer, dass bis dato - wéi géif ech soen? - d'Versuergung vun deenen eenzelne Bierger mat Stroum net a Fro gestallt gëtt, also ass et net fir Panik ze maachen. Dee System, wéi en elo fonctionnéiert, wäert de Leit weider an Zukunft och garantéiere Stroum ze kréien, an do dréit den Innenminister an och sécherlech den Energieminister eppes dozou bäi. Mir sinn hei an engem komplexen Dossier, enger ganz komplexer Matière, déi verschidden Iwwerleeunge mat sech bréngt.

Firwat ech och hei um Pult setzen oder stinn, ass, well ech am Fong geholl Immobilismus virgeworf kréien a well ech gesot kréien, ech hätt d'Gemengen eleng gelooss.

Ech hunn net dat Gefill, dass ech dat gemaach hätt, an ech hunn och net dat Gefill, dass déi aner Regierungsmemberen, vun elo a vu fréier, dat gemaach hätten! Déi hunn dat sécherlech net gemaach, well säit dem Joer 2000 kennen d'Gemengen d'Situatioun, wéi se an dësem Beräich ass. An d'Personalproblemer, déi et elo gëtt, déi waren och schonn deemools, wéi d'Stad Lëtzebuerg am Joer 2002 hire Modell proposéiert huet, fir d'Gestioun vum Stroum ze maachen, ganz kloer erkannt.

Duerfir hat ech och schonn, notamment an der Energiekommissioun an och an engem Bréif, d'Madame Brasseur gefrot, si soll mer emol matdeelen, wéi vill Leit vun deem Schafferot, wou dann d'DP mat dra war, an där leschter Period an an dëser Period agestallt gi sinn, säit gewosst ass, dass et Personalproblemer gëtt, fir am Fong geholl emol ze spieren, wéi grouss dee Problem och en nombre ass, wat d'Personalfroen ubelaangt.

Mä ech hunn et net gär, wann ee seet, mir hätten Immobilismus bedriwwen. Mir hunn - de Jeannot Krecké huet et ugeschwat - fir d'éischt de 6. November an nach eng Kéier duerno zwou Réuniounen gehat, zesumme mam Energieminister, mat all deene concernéierte Gemengen, déi ech elo opgezielt hunn, fir ze kucken, wéi ee Modell kéint geholl ginn, fir dass d'Gemengen den Eerausfuhrung vum liberaliséierte Stroumsector an och Energiesektor begéine kéinten.

Do ass notamment och nach d'Iddi vun enger Nationalgesellschaft ugeschwat ginn. Mir haten eng Réunioun an der Spezialkommissioun, wou den Alex Bodry, de President vun der Kommissioun, och e Bréif u mech geschriwwen huet a gefrot huet, fir no Léisungen ze sichen. Déi Léisunge sinn net esou einfach. Hien huet notamment gesot, mir misste mat de Syndikater schwätzen, ier

mer do Léisungen op den Dësch leeë géifen. An ech fannen, dass een dee Volet onbedéngt och considéiere sollt, wann een an dësem Beräich weiderkomme wëllt.

Dass et Léisungen, Modeller gëtt fir Gemengen, dësen Dossier ze géréieren, där goufe jo fonnt. Lëtzebuerg huet ee Modell fonnt. Esch huet eng Léisung fonnt. Stengefort huet eng Léisung fonnt. Ech weess, dass déi Ettelbrécker an déi Dikrecher och eng Léisung fannen. Dat heescht, déi eenzel Gemenge gi mat där Gesetzgebung, déi mer elo hunn, eens a si kënnen am Fong geholl och d'Zukunft am Beräich Elektresch anstänneg géréieren. Dat ass fir mech d'Konklusioun, déi ech doraus zéien, dass all déi Gemengen, déi concernéiert sinn, hei Léisunge fonnt hunn.

(**Interruption**)

Ech kommen herno op Är Proposition ze schwätzen.

Dat heescht, wat dat ugeet...

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Wéi eng Léisunge sinn dann do fonnt ginn, Här Halsdorf?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Bei der Stad Lëtzebuerg heescht déi Léisung jo LEO, déi kennt Der. Den Här Braz kann lech d'Léisung vun Esch gutt erklären, well hien den Initiator vun der Léisung vun Esch ass.

(**Interruptions**)

Ech bleiwe beim Thema.

Den Här Braz zielt lech d'Léisung vun Esch. Da kann lech de Buergermeeschter vu Stengefort seng Léisung erklären an de Buergermeeschter vun Ettelbréck, deen och dohanne sëtzt, kann lech och soen, wéi si virginn.

Si hu Solutiounen fonnt, fir den Eerausfuhrungen ze begéine betreffend d'Gestiounsgesellschaften am Beräich Elektresch, esou dass dee Volet fir mech ganz kloer ass. Hei bewege mer eis am Beräich vun der Autonomie communale. D'Gemengen hu jo d'Autonomie, fir déi Modeller ze wielen, déi si sech virstellen. A wat schwätzt géint e Modell Sudgaz, deen där ganzer Südregioun d'Méiglechkeet gëtt, am Beräich Gas eng gutt Gestioun ze maachen? Esou dass déi Modellen, déi d'Gesetz elo hiergëtt, net onbedéngt déi richteg Modelle wären, fir an dësem Beräich ze schaffen.

Wann ech awer elo op een anere Problem ze schwätze kommen, dee sech hei ergëtt, dann ass et dee vun der Personalfro, déi ech opgeworf hunn, déi scho säit e puer Joer bekannt ass. Do hu mer vill Modeller duerchdiskutéiert. Mir hu gekuckt, wéi an anere Beräicher Léisunge versicht gi sinn ze fannen, zum Beispill wéi d'Post en anere Statut kritt huet, wéi d'Spuerkeess en anere Statut kritt huet, wéi d'Eisebunn en anere Statut kritt huet. Déi Modeller si gekuckt ginn, an et war net esou einfach fir eng Léisung ze fannen.

Mir mengen awer elo eng Léisung fonnt ze hunn, déi och ähnlech ass wéi déi, déi an der Proposition de loi drastes, déi hei virläit an déi d'Nummer 5746 huet. Si nennen dat am Artikel 3 en Détachement du fonctionnaire. Mir géifen éischer vun enger Mise à disposition vum Fonctionnaire schwätzen. Mir fannen déi Iddi also derwäert, fir déi ze creuséieren, mä et stelle sech e ganze Koup Froen.

Hei ass besonnesch d'Fonction publique gefuerdert. Zum Beispill, wann ee fir déi Leit dann eng Mise à disposition mécht, da muss een déi Sociétéite genau definéieren, déi a Fro kommen. Dat ass net esou einfach. Do misst een eng Lëscht maachen, fir déi genau ze definéieren. Et muss ee kucken d'Compatibilitéit vum Statut vum Fonctionnaire mam Droit privé. Et muss ee kucken déi Prozeduren, déi deen eenzelne Beamten oder deen eenzelne Salarié dann huet am Droit d'affectation an am Droit de réclamation, wéi déi ausgesinn. Dat sinn alles Detailfroen.

Mir haten och gemengt, dass, wa mer eng Léisung fanne vun enger Mise à disposition, da sollt déi sech net nëmmen op de Fonctionnaire beschränken, mä si sollt sech och op den Employé communal uwenne kënnen. Et muss een och kucken, zum Beispill, wann een esou Leit huet: Wien huet hinnen eppes ze soen? Wien huet am Fong geholl hei de Pouvoir de commandement? Wie gëtt hei d'Befehler? Deen een oder deen aneren? Dat ass also net esou kloer. An och d'Procédure disciplinaire, wat och eng komplex Matière ass, all déi Aspekter sollt ee kucken, fir d'Mise à disposition an dësem Beräich ze garantéieren.

Mir mengen och, deen Text, dee mer amgang sinn ze schreiwen, mir hu schonn

Mercredi,
11 juillet 2007

Elementer, wann deen ofgeschwat ass mat der Energie a mat der Fonction publique - am Besonneschen -, mä och mam Environnement, dann ass dat kee Problem, fir hei dann och ze légiféréieren.

Am Artikel 1 vun där Proposition de loi gëtt d'Comptabilité commerciale opgeworf, mä et ass kee Problem, fir haut a verschiddene Beräicher Comptabilité commerciale ze maachen. D'Nidderkuerer Spidol huet d'Comptabilité commerciale fir d'Gestioun vun deem Haus ze maachen. Dat Ettelbrécker Spidol, wat och e kommunaalt Spidol ass, huet datselwecht.

(Interruption)

Also ass et kloer, dass een och mat deene Moyenen, déi mer haut am Gesetz hunn, kann d'Comptabilité commerciale maachen. Dat zum Artikel 1. Mä mir wäerten deen Text duerchfichéieren a mir wäerten lech dann en temps utile eng détailléiert...

(Interruption)

En temps utile, hunn ech gesot, dat heescht net a siwen...

(Interruptions diverses)

Neen, et ass net haut! Mä ech muss mech mat menge Leit vun der Energie - ech wier frou, wann Der mech géift ausschwätze loossen -, vum Ministère de l'Énergie oder mam Energieminister, mam Minister vun der Fonction publique a mam Minister vum Environnement ofschwätzen, well Dir werft oft d'Fro op vum Intérêt communal am Beräich vun Activités industrielles et commerciales. Dat ass net esou einfach.

Ech weess awer, dass do muss eng Ouvertür gemaach ginn, well wa mer d'Kyoto-Ziler erreeche wëllen, da mussen d'Gemengen eng Hand mat upaken. An ech sinn och domat d'accord - an ech hunn dat net fir d'éischt haut hei gesot, mä ech hunn dat scho gesot -, dass een do och da soll kucken eng Ouvertür ze maachen.

All déi Texter a Propositione wäerte mir eis elo op d'Long zéien a mir wäerten deemnächst dann der Chamber respektiv deene Gremien, déi hei beträff sinn - der Chamberskommissioun an esou weider -, an dëse Beräicher Texter virleeën, wéi mir eis dat an der Regierung virstellen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Bausch wëllt nach eng Fro stellen.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Also, et ass jo schonn interessant, wat mer elo hei héieren hunn.

Éischtens seet de Minister, datt zënter 2000 d'Gemenge jo scho wéissten, wat hei op se duerkéim, an datt se sech duerfir hätten duerchweegs kënnen dorobber virbereeden. Meng Fro dann, de Ministère de tutelle vun de Gemengen, dee wousst et jo dann och schonn zënter 2000, dann hätt dee sech jo och missen drop virbereeden an de Gemengen dann dee legislative Kader setzen, dee se brauchen, fir hei kënnen ze handelen.

Zweet Fro, Här Minister, d'Autonomie communale, et ass jo interessant, wéi Der déi hei interpretéiert. Dir interpretéiert déi hei esou wéi wa mir kéinte maachen als Gemengen, wat mer wëllten. Dobäi wësst Dir dach ganz genau, datt, egal wat eng Gemeng mécht, den Intérieur herno et och autoriséiere muss. Mir kënnen jo net einfach hei maachen, wat mer wëllen. Ech kennen awer x Fäll, an net weínege Fäll, x Fäll, soen ech lech, wou grad an deem dote Beräich permanent alles refuséiert gëtt vun Ärem Ministère, wou permanent gesot gëtt, dat dote geet iwwert d'Zil eraus, wat d'Kompetenze vun de Gemenge sinn. Doduerjer gi Saache refuséiert.

Oder eng drëtt Fro: Firwat mengt Der dann, datt de Statsrot a sengem Avis zu dësem Gesetz grad heizou schreift, zu Ärem Ressort schreift, datt et absolut noutwendeg wier, fir relativ séier déi Gemengegesetzgebung esou ze änneren, datt d'Gemenge kéinten Activités industrielles et commerciales ophuelen, ansonsten d'Gemengen hei op d'Nues falen. Dat steet schwaarz op wäiss am Avis vum Statsrot zu dësem Gesetz!

Dat si jo awer Donnéeën, déi Der misst kennen, an déi kennt Dir gradesou laang wéi d'Gemenge se kennen, an Dir sidd de Ministère de tutelle vun de Gemengen. An do hutt Dir eng Pflicht, net nëmme fir d'Gemengen ze kontrolléieren an ze kucken, datt se Saache maachen, déi mat eiser nationaler Gesetzgebung an Aklang sinn, mä fir hinne och ze hëllefen, datt se déi doten Aufgabe bewältege kënnen, oder?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Ech wëll eng Äntwert op déi fënnef

Froe ginn. Et ass kloer gewosst vun deenen engen a vun deenen aneren, vun de Gemenge wéi och vun de Verrieder vun der Regierung, dass dee Problem war. Déi Froe sinn a vill Schrëftverkéier, a ville Bréiwer, déi un eenzel Gemenge gaange sinn, opgeworf ginn. D'Froe sinn och un d'Gemenge gestallt ginn, wéi si sech kéinte virstellen, wéi se kéinte géréieren an deenen nächste Joren.

Et soll ee korrekt diskutéieren. Dat heescht, deen een an deen aneren ass hei responsabiliséiert. Op där enger Säit huet d'Gemeng och hir Autonomie communale, fir den Dossier esou ze géréieren, wéi si dat gesäit. Duerfir mengen ech et wier ze einfach, fir ze soen, mir hätten eis Hausaufgaben net gemaach. Mir hu Bréiwer un lech geriicht. Et si Question-parlementaire gemaach ginn, wou déi Froen opgeworf gi sinn, wou mer drop geäntwert hunn. Also, ech mengen d'Kaarte waren hei anstänneg verdeelt. An et ass elo hei net, fir ee Schëllegen ze sichen.

(Interruption)

» **Une voix.** - Mir hunn nach keng Gesetzer gestëmmt.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Hei ass et, fir elo roueg ze bleiwen...

(Hilarité)

...a fir ze kucke mat deene Moyenen, déi mer eis elo ginn; an ech mengen, mir kéinte Moyenë fannen. Ech kann net derfir, wann ech an zwou Réuniounen, déi ech mam Jeannot Krecké zesummen hunn, siwen, aacht Gemengen do hunn an deen ee gesäit et esou, an deen anere gesäit et anescht. Wa siwe verschidde Meenunge sinn, wat soll de Législateur da maachen?

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Wat ass dann Är Meenung? Da sot Dir emol wat Är Meenung ass!

» **M. le Président.** - Här Bausch, den Här Minister ass amgang seng Äntwerten ze ginn.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Wann Der mer haut nogelauschtert hätt, dann hätt Der héieren, wat meng Meenung wär. Meng Meenung ass déi, global geschwat an definitiv gemaach, fir dass mer sollen hei schnellstens eng Äntwert fannen op de Problem vum Personal. Dat ass kee Problem. Deemno wéi d'Gemenge reagéiert hätten, dann hätt sech déi Personalfro anescht gestallt. Duerfir war den Dossier relativ komplex - ech soen et nach eng Kéier -, well déi eng Gemengen et esou gesinn hunn an déi aner hunn et anescht gesinn.

Ech mengen, mir sollten elo a Rou an deenen nächste Wochen eng Solutioun op den Dësch leeën. Ech wäert mat engem Regierungstext kommen, dee vun deene Membere vun der Regierung, déi ech elo grad genannt hunn, gedroe gëtt an deen dann hoffentlech och hei an der Chamber sai Wee fënnt.

Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Braz huet och nach eng Fro.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Eng Fro trotzdeem nach hannendrun. Dir hutt elo schonn e puermol ugedeit, wéi wann Der eigentlech domat d'accord wiert, dass mer missten do eng Léisung fannen. Dir sot «en temps utile». Kënnt Der dat e bësse méi prezis soen? Am Kloertext: Hu mer virum Enn vum Joer e Gesetz doriwwer gestëmmt, jo oder neen?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Dir hutt mech dobausse virun der Dier gefrot, ob ech dat géif soen. An dann äntwerten ech lech elo hei, dass dat kee Problem dierft sinn.

» **M. le Président.** - Sou! D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Den Innenminister sot op dëser Tribün: Hei ass et, fir roueg ze bleiwen. Ech bewonneren den Innenminister, well hien ass an dësem Dossier, wéi an aneren och, effektiv roueg. An dësem Dossier ass hie scho säit Méint roueg, obwuel mer als Gemengen am November zesumme waren. Mir hunn him Froe gestallt, wéi mer als Gemengen elo kéinte reagéieren. Da seet de Minister: Déi Froe si säit 2000 bekannt. Et ass net esou einfach, mä et gëtt Léisungen. Et muss ee kucken. Et ass net esou kloer. Et muss een dat alles kucken. Den Dossier ass komplex.

Dat sinn e puer Aussoen, déi de Minister elo grad op der Tribün gemaach huet. Den Dos-

sier ass komplex, mä en ass komplex säit Joren. An en ass méi konkret gi säit dem Dépôt vun dësem Projet de loi oder vun de Projet-de-loien am August 2006. A mir waarden nach ëmmer op eng Léisung. An elo ze soen: Mir kucken dat all zesummen!

Ech bedauere just, dass enorm Zäit verluer gaangen ass, an dass d'Gemengen am Ree stoe gelooss gi sinn an elo bei der Applikatioun vum Gesetz nach ëmmer net wëssen, wou se dru sinn. Well effektiv, Här Minister, an engem hutt Der Recht: Den Dossier ass komplex, mä d'Regierung hätt hei misse concomitant, wéi de Conseil d'État et schreift, e Projet de loi déposéieren, fir dat ze léisen. Mä wéi ech gesot hunn, de Minister, dee behält wierklech seng Rou. Mä hei ass déi Rou net ubruecht. Mir hätte léiwer eng Léisung gehat op schrëftlechem Wee, dass mer och eng legal Basis als Gemenge gehat hätten, fir déi Gesetzer hei bei den Direktive kënnen ze applizéieren.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Sou! Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu den Ofstëmmungen. Mir fänken u mat den Amendementer, déi den honorabelen Här Kox déposéiert huet.

Amendement 1

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert den Amendement N°1.

Vote

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen, bei 9 Jo-Stëmmen a 4 Absentiounen.

Ont voté oui: Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Amendement 2

Da stëmme mer of iwwert den Amendement N°2.

Vote

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen, bei 9 Jo-Stëmmen a 4 Absentiounen.

Ont voté oui: Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Amendement 3

Mir stëmmen dann of iwwert den Amendement N°3.

Vote

Den Amendement 3 ass ofgelehnt mat deemselwechte Resultat wéi den Amendement vu virdrun.

Ont voté oui: Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marcel Oberweis), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

M. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Alexandre Krieps), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Amendement 4

Mir stëmmen dann, Dir Dammen an Dir Hären, of iwwert de Projet de loi selwer, deen am Document parlementaire 5606...

» **Une voix.** - Den Nummer 4 och nach!

» **M. le Président.** - Gutt! Ech hunn deen de Moment net virleien, mä mir stëmmen dann iwwert den Amendement N°4 of.

Vote

Den Amendement 4 ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen, bei 11 Jo-Stëmmen a 4 Absentiounen.

Ont voté oui: Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen et M. Ali Kaes;

Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

M. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Da stëmme mer elo iwwert de Projet de loi 5605 of. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5605¹⁰.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5605 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5605 ass ugehall mat 42 Jo-Stëmmen, bei 18 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Elo stëmme mer iwwert de Projet de loi 5606 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5606 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5606 ass ugehall mat 42 Jo-Stëmmen, bei 18 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Alexandre Krieps), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zu de Motiounen.

Motion 1

D'Motioun, déi den Här Bodry déposéiert huet. Fir d'éischt: Wien ënnerschreift déi Motioun nach mat?

Den Här Minister huet d'Wuert.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.- Ech wollt just soen, dass ech, mengen ech, a menger Äntwert dorop agaange sinn an dass ech déi Suergen, déi an där Motioun hei sinn, deelen.

Vote

» M. le Président.- Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Gutt. Wien d'accord ass mat der Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass d'Unanimitéit fir déi Motioun.

Motion 2

Dann d'Motioun, déi den Här Jaerling déposéiert huet. Den Här Krecké!

» M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.- ...opposéiert. Ech weess net, ob den Här Jaerling kann domat d'accord sinn, dass een dee Problem do léist zesumme mat där Solutioun, déi mer probéieren ze envisagéieren am Kader vun den Diskussiounen mam Familljeministère a mat der Méiglechkeet vum Agräife vum Fonds de Solidarité. Wann een do nämlech eng propper Solutioun géif fannen, da brauch een dat, wat Dir lech wënscht, net am Gesetz als Form festzehalen. Dann ass dat nämlech geléist doduerch, dass een aneren hëlleft bezuehlen.

Wann dat an deenen nächste sechs Méint net geléist ass, da géif ech dem Här Jaerling proposéieren, dass hie seng Motioun nach eng Kéier dohinnerleet. Fir de Moment géif ech einfach proposéieren, dass mer déi Iddi mat erabrénge, mä ech mengen, iwwert de Fonds de Solidarité kéinte mer dat léisen, da bräicht een dat do net ze maachen.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Bon, ech géif mengen, ech kann domadder d'accord sinn. Ech mengen, de But ass jo just, dass mer dat och esou applizéieren an Zukunft, wéi mer dat zum Beispill op der Escher Gemeng maachen. Do hu mer de Problem och. Do maache mer et dann och esou, dass et net festgeschriwwen ass, dass dat muss esou sinn, mä dass et awer applizéiert gëtt, dass keen de Stroum ofgespaart kritt. Wann dat d'Solutioun soll sinn a wann eng fonnt gëtt, da kann ech domadder d'accord sinn.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Well also en Accord fonnt ass tëschent dem Här Minister an dem Här Jaerling, si mer elo um Enn vun eisen Debatten ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.23 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'état phytosanitaire des forêts luxembourgeoises (Débat)
2. 5366 - Projet de loi modifiant
 - a) la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques
 - b) la loi du 16 avril 2003 relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs
 - c) la loi modifiée du 6 mars 1965 concernant les taxes à percevoir sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhiculeset
5164 - Proposition de loi de M. Niki Bettendorf portant modification de l'article 12 de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques modifiée par les lois des 2 mars 1963, 17 avril 1970, 1^{er} août 1971, 7 avril 1976, 7 juillet 1977, 31 mars 1978, 9 juillet 1982, 3 mai 1984, 28 janvier 1986, 8 avril 1986, 7 septembre 1987, 15 janvier 1991, 21 décembre 1991, 1^{er} juillet 1992, 27 juillet 1993, 26 août 1993, 18 mars 1997 et du 5 juin 1998 (Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
3. Ordre du jour
4. 5709 - Projet de loi portant transposition de la directive 2002/30/CE du Parlement européen et du Conseil du 26 mars 2002 relative à l'établissement de règles et de procédures concernant l'introduction de restrictions d'exploitation liées au bruit dans les aéroports de la Communauté (Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs et M. Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eppes matzedeelen?

» Une voix.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Fir haut de Moien huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert den Zoustand vun de Lëtzebuurger Bëscher ugefrot. Bei esou enger Debatt ass d'Riedezäit nom Artikel 84 vum Chamberreglement festgeluecht a gesäit vir: Déi Fraktioun, déi d'Stonn ugefrot huet, huet zéng Minutten, déi aner Fraktiounen jeeeweils fënnf Minutten, d'Sensibilité politique zwou Minutten an der Regierung steet eng Véirelstonn zur Verfügung. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Camille Gira vun der Fraktioun vun deene Gréngen.

1. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'état phytosanitaire des forêts luxembourgeoises

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „le Waldsterben“, wéi d'Fransousen esou schéi soen, ass net eriwuer. Am Géigendeel. Zumindest dem Lëtzebuurger Bësch geet et net vill besser wéi virun zéng Joer. Mir si gewuer ginn, dass nach just 35% vun de Beem gesond sinn.

Woumat erëm bewise wier, wann net méi iwwer e Problem geschwat gëtt, heescht dat net onbedéngt, dass de Problem geléist ass. Dass zu Lëtzebuerg elo eng Rei Joren net driwwer geschwat ginn ass, duerfir gëtt et zumindest emol eng plausibel Erklärung. Fënnf Joer laang ass kee Relevé gemaach gi vun der Forstverwaltung iwwert den Zou-

stand vum Lëtzebuurger Bësch. Da kann een och net vill gewuer ginn an da kann een och net vill driwwer schwätzen.

Duerfir meng éischt Fro un de Minister: Wat ass als Erklärung ze fanne fir dëst Netopstelle vum Relevé? Et kann ee jo och verstoen, dass wann eng Verwaltung nei Aufgabe kritt a mat Numerus clausus a Co. et e bëssen dauert, bis dann d'Verwaltung déi néideg Leit huet fir déi Aufgaben ze maachen.

Hei ass et jo awer esou, dass u sech déi Relevéen zënter 1984 gemaach si ginn an duerfir ass et relativ schwiereng nozevollzéien, firwat se op eemol fënnf Joer laang och net gemaach si ginn.

Duerfir muss een och elo, mengen ech, wann een de Relevé vun 2006 interpretéiert, virsiichteg sinn, well et en eenzelne Relevé ass, net méi ee vun enger Serie. Et kann een e wuel mat deem vergläichen, wat viru sechs, siwe Joer war, mä et ass en eenzelne Relevé. Et misst een emol zumindest dee vun 2007 an 2000 och ofwaarde fir ze kucken, wat dann elo déi definitiv Tendenz am Lëtzebuurger Bësch ass.

Wat awer, Här President, ze fäerten ass, dat ass, dass mer elo riskéieren eng Iwwerlappung vun zwee Phenomeener ze kréien. Op där enger Säit déi klassesch Ursaachen, déi mer zënter 20 Joer kenne vum Bëschstierwen, nämlech Schadstoffemissiounen, awer elo - an et ass dat, wat engem Angscht mécht, muss ech ganz éierlech soen - kombinéiert mat éischten Auswierkunge vum Klimawandel.

Zu deene klasseschen Ursaache kann ee wuel soen, dass et europawäit, ech géif souguer soe weltwäit gelongen ass, d'Schwefelemissiounen, déi e wichtege Bäitrag zum Bëschstierwe bäidroen, ganz zolidd ze reduzéieren. Mä et kann een awer net behapten, dass mer d'Stickstoffemissiounen am Grëff hätten. Trotz Katalysator ass de Verkéier nach ëmmer en enorm héi-